

SÉANCE 31

SAMEDI
18 AVRIL 2020

Présidence : M. Fernand Etgen, Président

Sommaire

- Ouverture de la séance publique
 - M. Fernand Etgen, Président
- Dépôt d'une proposition de loi par M. Léon Gloden
 - M. Léon Gloden
- 7545 - Projet de loi visant à mettre en place un régime de garantie en faveur de l'économie luxembourgeoise dans le cadre de la pandémie Covid-19
 - Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. André Bauler
 - Discussion générale : M. Laurent Mosar (interventions de M. Mars Di Bartolomeo, M. Sven Clement, M. le Ministre Pierre Gramegna et M. Georges Engel) (dépôt de l'amendement 1) - Mme Simone Beissel - M. Claude Haagen - M. Charles Margue - M. Roy Reding (intervention de M. Laurent Mosar) - M. Marc Baum (intervention de M. Laurent Mosar) - M. Sven Clement (dépôt de l'amendement 2) (interventions de M. André Bauler et M. Claude Haagen)
 - Prises de position du Gouvernement : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie (interventions de M. Marc Baum, M. Sven Clement et M. Laurent Mosar) - M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances (interventions de M. Laurent Mosar et M. Mars Di Bartolomeo)
 - Vote sur l'amendement 1 (rejeté)
 - M. Roy Reding
 - Vote sur l'amendement 2 (rejeté)
 - Vote séparé sur l'article 6 (2) du projet de loi (adopté)
 - Vote séparé sur l'article 6 (3) du projet de loi (adopté)
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 - Vote sur la motion 1 (adoptée)
 - M. Fernand Kartheiser
- Motion de M. Jeff Engelen au sujet de l'étude sur les raisons pour lesquelles les Luxembourgeois se sont établis dans les pays limitrophes
 - Exposé : M. Jeff Engelen
 - Prise de position du Gouvernement : M. Henri Kox, Ministre du Logement
 - Discussion générale : M. David Wagner - Mme Josée Lorsché - M. Mars Di Bartolomeo - M. Sven Clement - Mme Martine Hansen - M. Jeff Engelen - M. André Bauler - Mme Josée Lorsché - M. David Wagner - M. André Bauler - Mme Martine Hansen - Mme Josée Lorsché - M. Fernand Kartheiser - M. Jeff Engelen - Mme Martine Hansen - M. Sven Clement - M. Fernand Kartheiser
 - Vote sur le renvoi de la motion en commission (rejeté)
 - Vote sur la motion (rejetée)
- Dépôt d'une motion par M. Yves Cruchten
- Motion de M. Yves Cruchten relative à la défense des valeurs fondamentales de l'Union européenne et au suivi de la situation en Hongrie
 - Exposé : M. Yves Cruchten
 - Discussion générale : M. Claude Wiseler - M. David Wagner - M. Gusty Graas - M. Fernand Kartheiser - M. Georges Engel (fait personnel) - Mme Stéphanie Empain - M. Sven Clement - M. Fernand Kartheiser (fait personnel) (interventions de M. Georges Engel, M. Sven Clement, M. Mars Di Bartolomeo, M. Claude Wiseler et Mme Nancy Arendt épouse Kemp) - M. Sven Clement (fait personnel)
 - Prise de position du Gouvernement : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances
 - Vote sur la motion (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Pierre Gramegna, M. Henri Kox et M. Franz Fayot, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 09.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maa-chen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Nee, Här President.

2. Dépôt d'une proposition de loi par M. Léon Gloden

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Da ginn ech d'Wuert direkt un den honorabelen Här Léon Gloden fir den Depot vun enger Proposition de loi. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Léon Gloden (CSV).**- Merci, Här President. Ech géif gär eng Proposition de loi déposieren. Ech soen et direkt: „Et huet näischt mat Corona ze dinn.“ Et geet em d'Gesetz iwwert d'Handelsermächtigungen, wat mer 2011 ofgeännert hunn a wou mer d'Notioun vum Lien réel agefouert hunn. Déi Persoun, déi eng Handelsermächtigung kritt, muss e Lien réel mat der Gesellschaft hunn.

An am initiale Projet stoung deemools, datt och de Mandataire kéint esou eng Autorisation d'établissement kréien. Dunn huet de Staatsrot

säin Avis ofginn an en huet do deemools gemengt, datt den Direkter, deen och am Text steet, an de Mandataire dat selwecht wieren, an dunn ass leider de Mandataire erausgeholl ginn.

Dat heescht konkret haut: Een, deen Administrateur an enger Gesellschaft ass an dee kee Statut als Employé huet, well e kee Lien de subordination huet, ka keng Handelsermächtigung kréien, wann d'Gesetz strikt applizéiert gëtt. Dat féiert ganz oft zu Diskussiounen an zu Schwierigkeeten, well eebe vill Leit, déi eng Handelsermächtigung wëllen ufroen, net d'Konditiounen erfëllen, déi duerch d'Jurisprudenz festgesat sinn - Salarié ze sinn -, an eeben och oft wëllen Independant bleiwen.

An duerfir maachen ech dës Proposition de loi, dass mer an den Text erëm de Mandataire eranhuelen, wéi et am Ufank deemools 2011 am Projet de loi war. Dat ass och eng Vereinfachung. Et sinn och ganz oft auslännesch Entreprises, déi sech hei niddleossen, fir déi dat do, den aktuellen Text, en Hindernis ass.

Merci.

7564 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 2 septembre 2011 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Gloden.

3. 7545 - Projet de loi visant à mettre en place un régime de garantie en faveur de l'économie luxembourgeoise dans le cadre de la pandémie Covid-19

Den éischte Punkt vum Ordre du jour vun haut de Moien ass de Projet de loi 7545 iwwer e Garantieregime fir déi national Economie am Kader vun der Covid-19-Pandemie. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Laurent Mosar, d'Madamm Simone Beissel, den Här Claude Haagen, den Här Charles Margue, den Här Roy Reding an den Här Sven Clement. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech Iech, Här President, Merci soen, dass Der mer e bësse méi Riedezäit gitt, fir dës Projet virzustellen, deen net iwweraus komplex ass, mee deen awer verschidden Erklärungen verlaangt an deen och e gewëssene Käschtepunkt huet. Merci, Här President.

De Gesetzesprojekt 7545 schreift sech an eng Rei vu Moosnamen an, déi d'Regierung geholl huet, fir eis national Wirtschaft an der Kris ze ënnerstëtzen. De sougenannte Prêt, dee vum Staat garantéiert gëtt, däréi also net als eng isoléiert Mesure gekuckt ginn; en ass villméi en Element an engem groussen Ensembl vum Hëllefsinstrumenter.

Während der Kris vun 2008 war och eis Finanzplatz schwéier vun de Konsequenze vun der amerikanescher Subprimekris getraff ginn. Haut awer ass d'Bankewiesen en Deel vun der Léisung. D'Banke sinn déi Instituter, déi dem Staat kënnen hëllefen, fir den Entrepreneuren zur Säit ze stoen. D'Banken huelen also hir Responsabilitéiten. Ronn 7.000 Moratoire si scho fir sechs Méint an engem Cumul vun 2 Milliarden Euro accordéiert ginn. Dës Moratoire sti voll a ganz an de Bicher vun de Banken. De Staat garantéiert dës also net.

De garantéierte Prêt gesellt sech elo bei dës Moratoiren. Dëst Instrument ass natierlech eng Iwwergangsléisung. Et geet drëms, fir mat dëser Hëllef d'Kris duerchzezoen, ze iwwerbrécken, fir dann nees de Start ze finanzéieren. D'Garantie viséiert d'Prête vum Entrepreneuren, déi duerch d'Coronakris a finanziell Schwierigkeete gerode sinn, a wäert déi Kreditter ofdecken, déi tëscht dem 18. Mäerz an dem 31. Dezember dës Joers accordéiert ginn. Dës Kreditter kënnen maximal iwwer sechs Joer lafen.

Wéi fonctionéiert de Mechanismus, deen dës Projet virgesäit? Fir d'éischt geet de Betrib bei d'Bank an erklärt hir seng finanziell Situatioun. Da bewäert d'Bank, zesumme mat dem Client, dës Situatioun a sicht déi passend Léisung fir de Betrib. Dat kann entweder e Produit vun der SNCI, dem Office du Ducroire oder der Europäescher Investitiounsbank sinn.

Dës Instrumenter gëtt et scho laang. Si ginn am Exposé des motifs opgezielt, stinn awer net expressis verbis an engem Artikel vun dësem Gesetzesprojekt. Wann et keent vun dësen Instrumenter ass, da gëtt et de klassesche Wee vum Bankkredit, also e Prêt, eng Kreditlinn oder en Investitiounskredit. An deem Fall entscheet d'Bank, ob si dee ganze Risiko dréit oder ob si dann d'Garantie vum Staat freet, esou wéi d'Gesetz dat virgesäit.

Et entsteet keen neien Typ vu Kredit. Et geet just drëm, dass d'Banken hir Prête vum der Garantie vum Staat kënnen ofgedeckt kréien, dass si also dovunner profitéieren kënnen. Am Fall vun engem Kredit mat Staatsgarantie zitt d'Bank hir normal Prozedur mat enger Analys vum Dossier duerch. Wa se de Prêt gutt heescht, dann notifiéiert si dës mat Hëllef vun engem informatesche System bei der Tresorerie vum Staat. Si bezilt der Tresorerie d'Primm vun der Garantie. D'Garantie ass automatesch ugeholl, wann d'Primm bezuelt ass a wa keen Avis contraire vun der Tresorerie virläit. D'Tresorerie vum Staat notifiéiert de Prêt bei der Europäescher Kommissioun.

Kënnen all d'Banken op dës Garantie zrëckgräfen? Jo, mee ënnert der Bedéngung, dass se eng Konventioun mat der Tresorerie ënnerschriwwen hunn. Dës gëtt an dësen Deeg mat der Bankenassociatioun ausgehandelt. Si ba-

siert um Gesetz an duerfir ass se nach net finaliséiert.

D'Garantie deckt 85 % vum Risiko of, also de Montant, dee geléint ass, plus d'Zësen, an dat bis zu enger Limit vum 2,5 Milliarden Euro. 15 % vum Risiko gi vun de Finanzinstituter gedroen. Dës Prozentsaz ass am Austausch mat de Banken ausgehandelt ginn. Andeems d'Banken och en Deel vum Risiko droen, iwwerhuele si e Stéck Verantwortung a si sinn natierlech motivéiert, fir d'Dossiere weider seriö unzepakken, wat natierlech de Risiko vum Staat erofsetzt.

Weider ass nach ze bemerken, dass eng Bank hir aktuell Prëten net mat deene Prëten ersetze kann, déi vun der Garantie ofgedeckt sinn. D'Banke maachen och weider d'Analys vun den Dossieren. Dat ass de Finanzinstituter hiert Handwerk, hire Metier. Dat kënnen si besser wéi de Staat.

Da sief och preziséiert, dass net jiddereen esou e garantéierte Prêt kritt. D'Problemer, déi de Betrib huet, mussen mat der Kris, déi de Virus ausgeléist huet, direkt zesummenhängen. Well et e Kredit ass, müssen d'Banke sech vergewësseren, dass de Betrib och iwwerhaapt capabel ass, fir dës erëmzebezuelen. Verschidde Betriber sinn iwwregens ausgeschloss. An zwar sinn dat déi, déi un den Immobiliensektor gebonne sinn. Et geet jo schliisslech drëm, fir d'Realwirtschaft ze ënnerstëtzen an net spekulativ Tendenzen am Immobiliereberäich. An enger änlecher Logik sinn och SOPARFlen ausgeschloss. D'Aidé fir déi Firmen, déi virum 1. Januar 2020 a finanzielle Schwierigkeete waren, falen net ënnert de Champ d'application vun dësem Gesetz. Hei gëtt sech op dat europäesch Recht beruff, an zwar d'Reglement 651 vun der EU-Kommissioun vum 17. Juni 2014.

De maximale Montant vum Kredit läit bei 25 % vum Émsaz vum Betrib, deen 2019 festgestallt gouf oder dat lescht Joer, wat erfaasst gouf. Fir déi jonk Betriber, virun allem am Start-upberäich, kann de maximale Prêt net dat Duebelt vum järeliche Coût salarial iwwerschreiden. Abegraff sinn hei déi sozial Laaschten an d'Käschte vum Personal, dat um Site vum Betrib schafft, mee offiziell als Sous-traitant betruecht gëtt. D'Referenzjoer ass d'Joer 2019 oder dat lescht erfaasst Steuerjoer.

Wann de Betrib 2020 gegrënnt gouf, da gëtt de järeliche Coût salarial gekuckt, dee fir déi éischt zwee Aktivitéitsjoren estiméiert gouf. Et kann een de Prêt mat dem Moratoire op de besteeënde Kreditter kombinéieren. Dobäi kënnen also och nach Aidë kommen, dat awer nëmmen an de Limite vun europäesche Recht, also aktuell maximal 500.000 Euro am Kader vun der De-minimis-Formel.

E Beispill: E Kleedergeschäft huet missen den 18. Mäerz seng Diere weinst der Kris zoumaachen. Säi Patron kann also eng direkt Hëllef vu 5.000 Euro kréie plus de Chômage partiel fir seng Salariéen, dann eng Avance vu maximal 500.000 Euro, déi zrëckzebezuelen ass, dann e Prêt mat staatlecher Garantie souwéi all aner Mesure, wéi zum Beispill de Moratoire op de Remboursementen vun engem Kredit.

De Staat imposéiert fir d'Kreditter keng Zënsatz. An der Konventioun, déi mat der ABBL ausgehandelt gëtt, sollen d'Banke sech awer un d'Tauxe vum Marché halen. Dës leien normalerweis ronderëm 2 % bis 3 %, dat a Fonctioun vun der Gréisst vum Betrib, vum Montant a vun der Dauer vum Prêt. D'Garantie gëtt no engem Barème bezuelt, dee vun der Gréisst vum Betrib an der Dauer vum Prêt ofhänkt. Déi europäesch Texter imposéieren de Prinzip vun der Berechnung vun der Primm.

Fir kleng a mëttelgrouss Betriber, fir de Mëttelstand also, ass d'Prime de garantie folgendermoosse fixéiert: 25 Basispunkte bis zu enger maximaler Maturitéit vun engem Joer, 50 Basispunkte bis zu enger maximaler Maturitéit vun zwee bis dräi Joer, 100 Basispunkte bis zu enger maximaler Maturitéit vu véier bezéiungsweis fënnf a sechs Joer.

Kommt, mir huelen direkt e Beispill fir ze verstoen, wat dat konkret heescht! Leider hunn ech elo keng Tafel, fir alles dropzeschreiwen. Ech wëll elo net hei de Professer spillen, mee ech versichen awer, dass mer et alleguer verstinn - ech schlësse mech net aus.



Also e mëttelstännesche Betrib léint gär 40.000 Euro op zwee Joer. Do si mer da bei 50 Basispunkten. E Basispunkt, dat hunn ech dës Woch och eréischt geléiert, entsprécht 0,01 %. 50 Basispunkten, dat ass also 50 mol 0,01 %, ass gläich 0,50 %. D'Prime de garantie, déi dann ze bezuelen wier, wier 0,50 % vu 40.000, dat sinn 200 Euro.

Komme mer dann zu de grouse Betriber! Fir dës Kategorie vu Betriber ass d'Prime de garantie folgendermoosse fixéiert: 50 Basispunkte bis zu enger maximaler Maturitéit vun engem Joer, 100 Basispunkte bis zu enger maximaler Maturitéit vun zwee bis dräi Joer, 200 Basispunkte bis zu enger maximaler Maturitéit vu véier bezéiungsweis fënnef a sechs Joer.

Ech ginn lech dann nees e konkreet Beispill: Eng grouss Firma léint 2 Milliounen Euro op fënnef Joer. Do si mer da bei 200 Basispunkten. Ee Basispunkt entsprécht, wéi gesot, 0,01 %. 200 Basispunkten, dat ass dann 200 mol 0,01 %, ass gläich 2 %. D'Prime de garantie, déi an deem Fall ze bezuele wier, wier dann 2 % vun 2 Milliounen, dat sinn da 40.000 Euro.

Et sief nach gesot, dass déi Lëtzebuurger Tarifikatioun ganz verstänneg ass. A Frankräich leie mer bei 75 Basispunkte beim klengem Betrib am-plaz 50 där Punkten heiheem. A bei enge grouse Betrib leie mer bei 450 Basispunkten am-plaz 200 där Punkten zu Lëtzebuerg.

D'Tresorerie vum Staat ass mat dësem Dossier vun der Garantie de prêt chargéiert ginn, well si duerfir déi néideg Mëttel huet. Iwwregens prezisiéiert d'Kontabilitéitsgesetz vum Staat, dass d'Tresorerie d'Regëster mat de Garantien, déi de Staat accordéiert, verwalt souwéi och d'Regëster mat de Participatiounen an den anere Finanzavoioren. A well dat e logesche Choix ass, kouw d'SNCI duerfir net a Fro.

Et sief nach bemierkt, dass d'Staatsgarantie op Demande vun der Bank mobiliséiert gëtt, wann d'Bank bewiese kann, dass d'Fongen, déi geléint goufen, net zrëckgi goufen an dass all frëndschafleche Arrangementer oder all recht-lech Recoursen net gegléckt sinn.

Doriwwer eraus muss si och bewiesen, dass nom Octroi vum Prêt, deem duerch d'Garantie gedeckt ass, se dem Betrib méi geléint hat wéi virum 18. März 2020, also deem Moment, wou den État de crise ausgeruff gouf. Wa gefuddelt gëtt, muss de Betrib direkt alles zrëck-bezuelen, Zënse abegraff.

Zum Schluss nach e puer Remarken: Éischtens, d'Banke mussen de Betriber, deene si Sue léien, am Virfeld soen, wat si mat den Donnéeën vun hire Clientë maachen, wéi dës Daten also behandelt ginn. Si brauchen dofir de Firmen hir Zoustëmmung.

Zweetens, all individuell Hëllef, déi op Base vun dësem Gesetz accordéiert gëtt, muss um Transparenzsite vun der Europäescher Kommissioun spëttstens zwielef Méint duerno publizéiert ginn.

Drëttens, de Gesamtbudget fir dës Moossnamen dierf net 2,5 Milliarden Euro iwwerschreiden.

Véiertens, de Finanzminister gëtt duerch dësen Text autoriséiert, fir een oder méi Emprunte fir e globale Montant vun 3 Milliarden Euro opze-huelen.

Här President, de Staatsrot huet a sengem Avis vum 10. Abrëll keng gréisser Awänn formuléiert. D'Observatiounen, déi vun der héijer Kierperschaft ervirgehuewe goufen, betreffe gréisstendeels Verbesserungsvirschléi um Niveau vun de Formulatiounen an de benotzten Termen. Doriwwer eraus huet de Staatsrot ënnerstrach, dass d'Tresorerie net iwwer eng Personalitéit juridique verfüügt a soumat keng Konventioun mat de Kredittetablissementen ofschléisse kann. De Staatsrot freet, dass dës Konventioun mam Finanzminister gemaach solle ginn.

Eng weider Remark gouf et dann zum Schutz vun de perséinlechen Donnéeën, déi am Kader vun der Mise en place vun de Garantie gesammelt ginn. De Staatsrot huet hei e puer Prezi-siounen zum Traitement, dem Benotzen an der Conservatioun vun dësen Donnéeën gefrot.

Notéiert gouf och, dass am initiale Gesetzes-projet d'Finalitéit vun der Autorisatioun fir d'Emissioun vum Emprunt an Héicht vun 3 Mil-liarden Euro op d'Bedierfnisse am Kontext vun der Coronakris begrenzt sollt sinn. De Staatsrot huet seng Präferenz fir déi traditionell Formu-latioun ausgedréckt, déi manner spezifesch ass.

D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers felicitéieren, an hire respektiven Avise vum 30. März, engersäits fir d'Envergure vun

de Moossnamen, déi an dësem Projet de loi festgehal sinn, an anerersäits fir d'Schnellege-keet, mat där dës Gesetzesprojet zustane komm ass.

Béid Chambres professionnelles weisen och op den exceptionnel héijen Taux vu 85 % hin, mat deem de Staat fir Kreditter biergt, an et esou mat erméigleche wäert, dass d'Entreprises u Li-quiditéite kommen. Bedenke bleiwen awer bei de reschtliche 15 % vum Risiko, déi vun de Banke gedroe ginn.

D'Chambre des Métiers freet, dass d'Konven-tioun mat de Banken en explizitte Verbuet fir weider Garantie virgesäit, woubäi d'Handels-kummer sech d'Fro stellt, ob fir verschidde Branchen net weider Garantie misste virgesi ginn.

Eng gemeinsam Kritik betrëfft d'Situatioun vu jonken Entreprises, déi 2019 nach kee be-trächtliche Chiffre d'affaires opweises haten oder opweise konnten. Den Auteurs vun den Avisen no wäerten dës Entreprises duerch de Projet de loi benodeelegt ginn.

Béid Chambres professionnelles weisen sech averstane mat de Primmen, déi fir d'Garantie mussen un de Staat bezuelt ginn. Se begréis-sen, dass dës Primmen eng Progressivitéit um Niveau vun der Dauer vum Kredit an der Gréisst vun der Entreprise erëmispigelen.

De leschte Punkt, deen ech bei den Avise vun de Kummeren uschneide wëll, ass d'Autorisa-tioun fir een oder méi Emprunte vun engem maximale Montant vun 3 Milliarden Euro. Alle béid approuvéieren, alle béid Kummeren, wuelgemierkt, approuvéieren dës Initiativ. Fir weider Detailer iwwert d'Avise verweisen ech natierlech op mäi schrëftliche Rapport.

Dat gesot, Här President, soen ech lech Merci fir d'Opmierksamkeit a soen och alle Membere vun der Finanz- a Wirtschaftskommissioun Merci, dass si dës Rapport eestëmmeg an der Kommissioun ugeholl hunn.

Ech riichten awer och en Dank un d'Häre Mi-nistere Pierre Gramegna a Franz Fayot an un hir fläisseg Beamte fir hir ganz effikass an onkom-plizéiert Zesummenaarbecht.

Do gesitt Der, Här President, wéi et am Liewe geet. Et mengt een, et hätt ee méi laang, elo hunn ech awer nach dräi Minutten zur Verfü-gung. Mee déi wëll ech awer net méi ausnot-zen.

Ech soen lech Merci fir Är Gedold!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci vill-mools, Här Bauler. Als éischte Riedner ass den honorablen Här Laurent Mosar agedroen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass e bësselchen en ongewinnt Gefill, de Moien hei um néng Auer am Cercle ze sinn. Mir Stater ginn normalerweis dann op de Maart. Mee dat kënne mer dann awer och nach méi spéit maachen.

Dee Projet de loi, iwwert dee mer haut disku-téieren, ass vläicht ee vun deene wichtegste vun deem ganze Rettungspak, deen d'Regie-rung en place wëllt setzen, fir der Wirtschaft ënnert d'Äerm ze gräifen.

An ech wëll och direkt virausschécken, dass ganz vill vun der Reussite vun dësem Projet ofhänkt, ob mer et fäerdegbréngen, net an eng grouss wirtschaftlech Kris ze falen.

Ech wëll duerfir och direkt ufänke mat engem grouse Merci un de Rapporten, President vun der Kommissioun, deen dat erëm op eng ex-treem flott, pädagogesch Aart a Weis gemaach huet. An et gesäit een awer ëmmer erëm, wat säin urspréngleche Beruff ass. Ech géif dat net fäerdegbréngen, mat esou vill Rou an esou vill Gedold ganz komplex Sujeten hei an der Chamber ze exposéieren.

De Merci verdéngt en awer hei ganz beson-nesch, well mer jo ënner schwierige Konditio-nen hu missen dee Projet de loi diskutéieren, an do waren och vill Punkten, iwwert déi mer diskutéiert hunn. An ech muss ëmmer erëm soen: „Hien ass immens op fir Suggestiounen, déi och vun der Oppositioun kommen.“ An ech wäert herno op deen een oder anere Punkt do kënne agoen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll a sech meng Ried an dräi Partien opdeelen: Eng ganz kuerz éischt Partie, wat de budgetären Impact vun deene Mesuren ugeet. Da wëll ech an engem zweeten Deel kuerz op verschidde Punk-ten agoen, déi trotzdem Problemer an där The-matik maachen. An zum Schluss wëll ech mech e bësselche méi generell mat der Situatioun vun der Lëtzebuergescher Wirtschaft beschäftegen.

An dësem Projet de loi, an den Här Rapporten huet et exposéiert, gi mer also och d'Autorisa-

tioun fir d'Regierung, fir en Emprunt ze huelen iwwer 3 Milliarden. Ech wëll och direkt soen: „Mir gi bien entendu eisen Accord zum Projet, awer och zu deem doten Emprunt.“ An dësen Zäiten, mengen ech, ass et kloer, dass d'Regie-rung sech muss deen néidege Spillraum ginn an och déi néideg Liquiditéite muss hunn, fir deene ganz groussen Eerausforderungen och kënne an d'A ze kucken.

Erlaabt mer trotzdem awer vläicht, op zwee Punkte ganz kuerz anzegoen, Här Finanzmini-ster, déi mer awer e bësselche Suerge maachen. An ech kommen do och op déi lescht Finanz-kommissioun zrëck, wou Der mengem Kolleeg Gilles Roth op eng Fro geäntwert hutt, wéi et am Moment mat der Tresorerie ausgesäit. An do maachen ech mer, soen ech ganz offen hei, awer e puer Suerge.

Dir hutt dem honorablen Här Roth geäntwert, am Moment hätte mer an der Tresorerie nach 1,5 Milliarden Euro dostoen. Ech huelen awer un, Här Finanzminister, entre-temps ass jo schonn en Deel vum Chômage partiel a Congé pour raisons familiales ausbezuelt ginn, och Paie vun de Staatsbeamten, Pensioune sinn ausbezuelt ginn, soudatt mer warscheinlech just nach d'Halschent am Moment vun deenen 1,5 Milliarden zur Verfügung hunn.

Just als Verglach, an dat ass elo näischt, wat ech soen, fir mech hei ze luewen, et ass éischter e Luef, deen ech wëll un déi fréier Schäfferéit riich-ten. A titre de comparaison, Här Finanzminister: D'Stad Lëtzebuerg huet am Moment Reserve vu knapps iwwer enger Milliard a mir hu keng Scholden, fir lech just e bëssen awer hei zwou Saache mateneen ze vergläichen, ...

(Interruption)

... de lëtzebuergesche Staat an d'Stater Ge-meng. A wéi gesot, dat ass elo net, fir eis hei ze luewen, et ass, fir einfach d'Saachen an déi richtig Gréisstenuerdung ze stellen.

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Do gesäit een, wéi schlecht dass Dir mat aneren deelt!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Déi zweet Re-mark, déi ech wollt maachen, Dir Dammen an Dir Hären, ass déi, dass ech fannen, dass eise Finanzminister e bëssen optimistesche ass, wat d'Aussichte vun der lëtzebuergescher Wirt-schaft uginnt. Ech hunn en héiere gehat am „Background“, virun, ech mengen, zwou Wo-che war dat, wou e gesot huet, hie géif rechen, dass mer an der Wirtschaftskris géife maxi-mal 3 % u Wirtschaftswuesstum verléieren. Ech muss allerdingens objektiv derbäi soen, dass en déi Analys gemaach huet bis Enn Abrëll. Ech weess, mir sinn elo e bëssen an enger anerer Situatioun. Dat muss ee redresséieren.

Ech wëll awer just soen, à titre de comparaison: „An der Finanzkris 2008/2009, vun där mer schonn off hei geschwat hunn, hate mer 4,4 % manner am Wirtschaftswuesstum. An ech mengen, dass dat awer eng Kris war, déi vläicht net esou breet gespreekt huet wéi déi heite Kris.“

Duerfir, Här Finanzminister, an ech beruffe mech do op déi exzellent Etüd, déi vun der Fondation IDEA gemaach ginn ass, ech men-gen, Dir sidd hei wierklech e bësselchen ze vill optimistesche. Ech huelen éischer un, dass mer hei wäerten a Richtung vu 5 % goen, an der Hoffnung, dass et net doriwwer wäert eraus-goen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen dann zum Projet selwer. Ech fannen a soen dat och ganz däreilech hei, dass et e Projet ass, deen an déi richteg Richtung geet. Déi Me-suren, déi hei drastinn, kënne ganz villen Entre-prisë substanzuell ënnert d'Äerm gräifen. Ech soen awer gradesou däreilech, an ech wäert duerno nach dorobber zrëckkommen, dass fir eis déi Mesuren net wäerten duergoen an dass onbedéngt do nach muss eng zweet Etapp kommen.

Et sinn awer och eenzel Punkten, déi mir e bës-selche Suerge maachen an deem Projet, an ech wollt op déi véier Punkten agoen, well et si ge-nau véier Punkten.

En éischten, an deen ass och scho virdrun uge-schwat ginn: Et geet hei ëm déi ganz wichteg Roll vun de Banken. Hei wäerten déi Hëllef-nëme kënne ausbezuelt ginn an de System wäert nëmme fonctionéieren, wann d'Banke wierklech 100%eg matspillen. An ech soen lech direkt: „Ech zweifelen net drun, dass d'Banken dat wäerte maachen!“ An ech be-gréissen och, dass d'Banken hei d'accord wa-ren, fir net op de Maximum vun 90 % Cou-vertur garantien vum Staat ze goen, mee nëm-men op 85 %. Ech fannen, dass dat e Gest ass, deen an déi richteg Richtung geet an deen een och soll expressement hei begréissen.

Wat mir awer e bësselche Suerge mécht, ass, dass och d'Banken natierlech impaktéiert si vun

där Kris, well se Honnerte vu Mataarbechter hunn, déi aus gudde Grënn am Moment leider net disponibel sinn oder net esou kënne schaf-fen, wéi dat misst a Krisenzäiten de Fall sinn. Dat heescht, dat gëtt och net einfach, léif Kol-leeginnen a Kolleegen, fir elo an deenen nächs-ten Deeg do Dausende vun Dossieren ze ins-truëieren. Ech hoffe just, dass dat klappt. A wéi gesot, ech fannen, dass hei d'Banke wierklech e ganz gudde Gest maachen.

Ech wëll awer och dozou nach eng Kéier soen, Här Finanzminister: „Et ass gesot ginn, et wä-ren elo mol sechs oder siwe Banken, mat deene Konventiounen géife bestoen.“ Ech mengen, mir hunn an dem Land nach eppes iwwer 100 Ban-ken. Ech kennen déi lescht Zuelen net. Ech wollt lech och do froen, ob net awer envisa-géiert wier, och nach aner Banken hei matan-zebezéien, fir, éischtens, de Risk méi ze verdeelen a fir och d'Aarbecht ze verdeelen. An ech wär duerfir frou, wann Der herno och op déi dote prezis Fro kéint äntweren.

En zweete Punkt, an dat ass eigentlech een, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dee mech e bës-selchen traureg mécht an där ganzer Diskus-sioun, an ech weess och net, ob Dir lech dat esou bewosst sidd. An deem Projet de loi ass virgesinn, dass, wann elo Betriber Aiden ufroen, déi kënne remuneréiert ginn, remuneréiert ginn iwwer Zënse, wat ech iwwerhaupt net anormal fannen. Am Moment ass dat en Zën-sfouss vun 2 % bis 3 %.

Doniewent kënne awer oder musse souguer gewësse Fraise bezuelt ginn. Dat sinn 0,2 % bis 0,5 %, wann déi Prëten op e Joer lafen. A wann et doriwwer eraus geet, ka souguer dee Pour-centage op 2 % bis 3 % eropgoen.

Ech weess elo, dass den Här Finanzminister an den Här Wirtschaftsminister mer äntweren, dass déi Oplagen do a sech eng Konditioun vun der Europäescher Unioun sinn. Mee nach, Dir Dammen an Dir Hären, wat fir een Zeeche gi mir hei? An enger Kris ginn et Verlëierer a Ge-wënnner. An hei mat dëse Prête wäert de Pappa Staat zu de Gewënnner gehéieren. Hei gëtt op de Schëllere vun den Entreprises, déi mussen an deene schwéiere Konditiounen do Sue léine goen, och nach dee Service un de Staat remu-nériert.

An ech géif wierklech dem Wirtschaftsminister soen, well mer och déi Diskussioun an der Finanzkommissioun haten: „Wann dat dote wierklech eng Oplag ass um Niveau vun der Europäescher Unioun, dann ännert dat wannechgelift!“ Wat fir en Zeeche gi mir do-baussen, wa mer a Krisenzäiten och nach versi-chen, op deem doten Typ vu Kreditter Suen ze verdéngen?

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen op en drëtten Punkt, dee mer ganz vill Suerge mécht. An ech mengen, ech schwätzen do wierklech net eleng, mee et si ganz vill Kolleegen, déi déi Bedenken deelen.


Et geet dorëms, dass am Prinzip an deem Pak ausgeschloss ass (veuillez lire: dass am Prinzip an deem Pak steet), dass Entreprises, déi schonn a finanzielle Schwierigkeete virum 1. Januar 2020 waren, nëmme zum Deel, wann iwwerhaupt, kënne ënnert de Benefiss vun deem Gesetz he falen.

An do muss ech lech awer elo soen: „Mir - ech schwätzen, mengen ech, och hei am Numm vun alle Kolleegen, déi am Stater Schaffen- a Gemengerot sinn, an et setzen eng ganz Rei vun deenen hei am Haus -, mir hunn zum Bei-spill de Problem vun deenen Entreprises, déi elo duerch de Chantier Tram iwwer Méint im-mens gelidden hunn, wou et par ailleurs och vun der Regierung am Moment e Fong gëtt, wou och déi Entreprisë sollen indemniséiert ginn.“

Elo ass et awer esou, dass natierlech all déi kleng Geschäfte, déi scho souwisou an extreeme Schwierigkeete sinn, elo iwwerhaupt näischt kënne verdéngen, an déi ginn elo nach eng Kéier bestrooft, well se net an de Genoss vun deenen doten Aidë kënne kommen. An ech mengen, et gëtt dach keng méi grouss Onge-rechtegkeet, wéi en Deel vun Entreprises auszuschléissen, déi wierklech net an där Situa-tioun aus hirer eegener Schold sinn. Och do ass eis vum zoustännege Minister geäntwert ginn, do wäeren EU-Reegelen, déi dat géife verbidden.

Ech hu mech awer, Här Wirtschaftsminister, herno e bësselche méi schlaue gemaach an hunn awer festgestallt, dass déi EU-Reegelen eigentlech vill méi wäit ginn, wéi Dir eis dat an der Kommissioun gesot hutt. An ech mengen, do kënne och ënnert de Konditiounen vun der EU trotzdem ganz vill Betriber dervu profitéie-ren. An et geet iwwregens hei net nëmme ëm d'Betriber an der Stad. Et ginn och ganz vill aner Betriber am Rescht vum Land, déi och scho virdrun aus ganz anere Grënn finanziell Schwierigkeeten haten.

Ech wollt eigentlech ursprénglech en Amende-ment dozou eraginn, fir och nach eng Kéier ze



prezisieren, datt mer alles maachen, fir datt déi doten Entreprisé mat drënnerfalen. Ech hunn awer ... Bein, ech renoncieren awer do drop. Firwat maachen ech dat? Ma well ech gesinn hunn, datt do e grouse Konsensus géif bestoe mat der Madamm Buergermeeschtesch, awer och anere Kolleegen. Duerfir hu mir déi Initiativ zesumme geholl, fir eng Motioun ze deposieren, déi eng kéier ganz kloer hei d'Regierung opfuert, fir alles ze maachen, datt een dat Gesetz esou interpretéiert, datt méiglechst vill Entreprene dodrënner falen.

Ech géif lech awer och nach de Wonsch, Dir Häre Ministeren, mat op de Wee ginn: Maacht wannechgelift alles zu Bréissel, fir datt déi doten Dispositiounen geännert ginn! Well et gesäit ee jo, datt funktionéiert vläicht an normalen Zäiten, mee a Krisenzäite funktionieren déi Mechanismen net méi.

Véierte Punkt, an dat ass e Punkt, wou och d'Kolleege vun de Piraten en Amendement deposiert hunn a wou ech och nach eng kéier en Amendement deposieren. Do geet et eigentlech drëm, datt mer natierlech jonk Entreprene hunn. Jonk Entreprene, fir déi meescht sinn dat Entreprise-innovanten, dat heescht Startuppen. Mee et ginn awer och, léif Kolleeginnen a Kolleegen, vill ganz normal Entreprene, Handwerksbetriber, déi eréischt elo virun e puer Méint opgemaach hunn. An ech muss lech wierklech soen: „Dat ass e Punkt, dee mir extreem um Häerz läit!“ Mir soe permanent, Dir Häre Ministeren, deene jonke Leit: „Trau dech! Grënn e Betrib!“ Ma kommt, mir ginn deene jonke Leit awer och emol eng kéier d'Chance, datt et bei der éischter Geleeënheet net klapppt.

Dir hutt haut Milliarden an der Welt, déi hu fir d'éischt zwou Faillitte gemaach, ier se et färdigbruecht hunn, eng kéier ze reussieren. A wat fir en Zeeche gi mir jonke Leit am Moment? Ma bei der éischter Geleeënheet, wou hire Betrib net esou leeft, da kréie se keng Hëllef méi a si gi vun alle Possibilitäten, déi och dëst Gesetz gëtt, ausgeschloss.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- An duerfir wollt ech nach eng kéier en Amendement hei proposieren, well eigentlech d'Regierung eppes Guddes gemaach hat: Si hat nämlech gesot, datt fir déi Betriber, déi vum 1. Januar 2020 u gegrennt gi wären, do speziell Derogatiounen géife spillen, huet awer vergiess, datt et natierlech och Entreprisé gëtt, déi réischt am November 2019 oder am Mee 2019 gegrennt goufen an déi genausou schlecht dosti wéi déi, déi am Januar oder am Februar vun dësem Joer gegrennt gi sinn, an datt mer déi selwecht Méiglechkeeten, déi mer elo der Entreprise ginn, déi vum 1. Januar 2020 u gegrennt ginn ass, och op déi Entreprene applizéieren, déi säit dem 1. Januar 2019 gegrennt gi sinn.

Voilà, Här President, ech erlabe mer, lech dozou en Amendement ze iwwerreechen.

Amendement 1

L'alinéa 2 du paragraphe (3) de l'article 3 est modifié comme suit :

« Pour les jeunes entreprises créées à partir du 1^{er} janvier 2019, le montant maximal des prêts éligibles ne peut dépasser le double du coût salarial annuel total de l'entreprise bénéficiaire, y inclus les charges sociales ainsi que le coût du personnel travaillant sur le site de l'entreprise mais considéré officiellement comme des sous-traitants, pour 2019 ou pour le dernier exercice fiscal disponible. Dans le cas des entreprises créées après le 31 décembre 2019, le montant maximal du solde restant dû du crédit ne doit pas dépasser le coût salarial annuel estimé pour les deux premières années d'activité. »

Commentaire de l'amendement

L'amendement sous rubrique entend tenir compte des critiques de la Chambre de Commerce telles que formulées dans son avis du 31 mars 2020, et que les soussignés partagent totalement. La Chambre de Commerce a souligné tout d'abord l'absence de clarté concernant les garanties qui peuvent être offertes aux jeunes entreprises, alors que le projet de loi se réfère tantôt aux entreprises qui peuvent faire état d'un CDA en 2019 (alinéa 1), tantôt aux entreprises innovantes (alinéa 2).

La Chambre de Commerce donne par ailleurs à considérer que la notion de « jeunes entreprises innovantes » reste aussi à clarifier, dans la mesure où il s'agit d'identifier le document de référence qui est acceptable en vue de vérifier la masse salariale.

Il est dès lors proposé de remplacer d'une part, la notion de « jeunes entreprises innovantes » par celle de « jeunes entreprises ». Il s'agit d'entreprises ayant démarré récemment leur activité, et plus particulièrement à partir du 1^{er} janvier 2019. Une telle référence a le mérite d'être claire et de préciser le champ d'application de l'article 3. A noter qu'en France, qui dispose d'un dispositif analogue, le plafond du prêt garanti par l'État est

le même pour les entreprises nouvellement créées (1^{er} janvier 2019) ou innovantes. Or, une entreprise innovante est souvent une jeune entreprise dont la date de création est assez récente.

(s.) Laurent Mosar, Léon Gloden, Martine Hanssen, Gilles Roth, Claude Wiseler.

Ech wëll och direkt soen, de Kolleege vun deene Gréngen huet och en Amendement, deen ech mam Kolleege Roth mat ënnerschriwwen hunn.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- D'Piraten!

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- D'Piraten.

(Brouhaha et hilarité)

Entschëllegt! Entschëllegt, Här Clement. Et ass Samschdeg Moien, dat ass ongewinnt.

Voilà! Duerfir wär ech natierlech och frou, wann deen Amendement géif ugeholl ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn also en gros mat deem Projet d'accord, esou wéi en hei virläit, a mir wäerten en och stëmmen. Mir hoffen allerdéngs, datt fir d'éischt natierlech déi Motioun hei wäert ugeholl ginn an datt och eisen Amendement wäert ugeholl ginn.

Erlaabt mer dann awer elo, e bëssen op déi generell wirtschaftlech Situatioun anzugeen. Ech weess net, wéi et lech geet. Dir sidd Der, Dir kommt ganz vill ronderëm am Land, an der Stad, an ech muss lech soen: „Am Moment ass d'Situatioun vun der Wirtschaft zum Deel dramatesch!“ An ech soen dramatesch, an dat betrëfft natierlech déi kleng Independanté fir d'éischt, mee et betrëfft se net nëmmen. Et ginn och mëttel Betriber, et gi souguer grouss Betriber, déi am Moment an extreeme Schwieeregkeete sinn.

An ech hunn heiansdo d'Gefill, an dat applizéiert sech - an ech wäert herno nach dorobber ze schwätze kommen - net op all d'Kolleege an der Regierung, awer op Verschiddener, ech hunn d'Gefill, déi wëssen net, wat hei an dem Land an der Wirtschaft lass ass!

(Interruption)

Ech kann lech soen - ech weess net, ob Dir keng esou Mailen an SMSe kritt -: „Do si Leit, déi hunn Existenzängscht! Déi wëssen net méi, wéi se hire Loyer um Enn vum Mount bezuelen. Si wëssen net, wéi se d'Studie vun hire Kanner bezuelen. Déi wëssen net, wéi se de Prêt op hirem Haus d'nächst kéier bezuelen. Hei si Leit, an ech mengen, Dir kennt Der alleguerten, déi souguer Selbstmordgedanken hunn, well se an enger katastrophaler Situatioun sinn.“

An Dir musst lech dat emol virstellen: An enger Situatioun, wou mer alleguerten, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Angscht hunn, Angscht hunn ëm d'Gesondheet vun eiser Famill, vun eise Kanner, vun eise Bekannten, och vun eis selwer. An da kommen zu deenen Ängschen och nach Existenzängschen dozou, well Der net méi wësst, ob Der iwwerhaupt nach den nächste Mount eppes ze räissen an ze bäissen hutt. Dat ass zum Deel dramatesch. An ech géif wierklech d'Regierung bidden, dat zur Kenntnis ze huelen, léif Kolleege Ministeren.

(Interruption)

Léif Kolleege Ministeren!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Dat klängt awer onméiglech, dat klängt wierklech onméiglech, Här Mosar.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Här President.

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Här Mosar, Dir riicht lech un eis, Dir dréint lech hei bei eis.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Huet den Här Gramegna d'Wuert?

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Laurent Mosar huet d'Wuert, soss keen.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Merci, Här President. Ech mengen, Dir hutt e Pak opgesat, ech hunn et gesot, dee geet an déi richteg Richtung. Mee e geet net duer. Ech wëll och nach eng kéier hei widderhuelen, datt d'CSV-Fraktioun an deene leschte Wochen eng Rei vu ganz konkreete Propositionen gemaach huet. Ech wëll se elo net alleguer explicitéieren. Dat geet iwwer Suspensiounen vu Loyer-commercialien, et geet iwwer Direkthëllef fir Independanten, fir Fräiberuffler an esou weider an esou virun.

Ech wëll lech just soen, datt am Moment dee Pak do net duergeet. A wa mir net wëllen an eng wirtschaftlech Katastroph falen, muss hei nogerüst ginn, musst Dir, léif Regierung, eng Schëpp bäileeen.

An dann, Dir Dammen an Dir Hären, kommen ech awer wierklech net derlaanscht, fir op Aussoe vun engem vun Äre Kolleegen anzugeen.

Wann e Minister iwwer Facebook do vun Independanté schwätzt, déi géife grinsend mam Ferrari duerch d'Géigend fueren, froen ech mech, Dir Dammen an Dir Hären: Kuckt den Här Kersch ze vill amerikanesch Serien?

(Brouhaha)

Oder huet den Här Kersch ofgehuewen? Wéi kann een am Moment e ganze Berufsstand, dee vun den Independanten, hei esou an den Eck drécken an déi Leit duerstellen, wéi wann hinne wierklech alles mat dem gëllene Läffel op den Teller geluecht géif?

(Interruption)

Ech muss lech soen: „Dat ass fir eis total inakzeptabel!“

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Dat si Saachen, déi an deem Land net ginn. Et geet fir d'éischt hei ëm eng Stigmatisatioun vun engem ganze Berufsgrupp, mee hei och déi Arroganz an dat Onwëssen, fir emol net ze wëssen, wéi et ganz villen Independanten an deem Land am Moment geet. Hëlt den Här Kersch ni den Taxi, fir vläicht emol eng kéier op de Findel ze fueren? Am Moment si keng Vollen, do verstinn ech, datt en dat net mécht. Mee schwätzt den Här Kersch vläicht emol eng kéier mam Coiffer, deen huet missen zoumaachen an dee keng Revenuen huet? Ech mengen, datt hei Saache sinn, déi wierklech net ginn!

An ech muss lech soen, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn och extreem enttäuscht, an ech soen dat och un d'Adress vum Här Fayot.

Här Fayot, den Här Kersch huet hei frontal d'Wirtschaft ugegraff, de gesamte Mëttelstand vun Dausenden, Dausende vu Leit, wou och Dausende vun Aarbechtsplazen drunhänken.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Ech hätt mir erwaart vun engem Wirtschaftsminister, datt deen hei viru seng Betriber getratt wier an dem Aarbechtsminister gesot hätt: „Här Kersch, esou geet dat net!“ Ech hätt mer iwwregens och gewënscht, datt den Här Staatsminister hei kloer Wieder derzou gesot hätt. A wann den Här Kersch - an ech hu gemengt ze verstoen, e géif elo agesinn, datt dat vläicht net ganz glécklech war, wat en do gesot huet -, wann en da wëllt eppes maache fir d'Independanten, da soll e kucken, ob et net méiglech wier, ënner gewëssene Konditiounen natierlech, och de Congé partiel fir Independanten opzemaachen. A wann den Här Kersch ... A wann den Här Kersch onbedéngt déi ...

► **Plusieurs voix.**- Chômage partiel.

(Coups de cloche de la présidence)

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Entschëllegt, Chômage partiel, Chômage partiel. A wann den Här Kersch, Här Engel, onbedéngt déi mat deene breede Schëllere wëllt huelen: Mir waarden nach ëmmer drop, datt eppes am Stockoptions-Regimm geschitt! Do kënnen mer déi mat deene breede Schëlleren huelen. Do ass awer bis elo, Här Finanzminister, Här Wirtschaftsminister, nach guer näischt geschitt.

Ech géif wëllen dem Här Kersch Folgendes mat op de Wee ginn: Den Här Kersch soll sech e Beispill huelen u senger exzellenter Kolleegin Paulette Lenert, déi, an dat soen ech och ganz kloer hei, e super Job mécht. E super Job mécht! Den Här Kersch soll manner schwätzen, soll seng Aarbecht maachen a soll Problemer léisen an net der Regierung nei Problemer maachen. D'Regierung huet der scho genuch, déi se muss léisen.

An ech wär frou, wann Der dem Här Kersch dat dote géift mat op de Wee ginn.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss.

► **M. Georges Engel (LSAP).**- A!

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Mir sinn ... Mir sinn ...

Ech weess, Här Engel, Dir sidd frou, wann ech färdig sinn.

► **M. Georges Engel (LSAP).**- Jo!

(Hilarité)

Dat ass dee richtigste Saz, deen Der haut gesot hutt.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Mir sinn an enger vun deenen allerschweiersten Krisen, mat där schweierster Krisen iwwerhaupt. An déi Kris, déi Wirtschaftskris, déi wäert eréischt kommen.

De Premier huet e puermol gesot: „Mir loosse keen am Ree stoen!“ Ech mengen allerdéngs, datt de Prabbeli, dee mer de Moment hunn, nach net grouss genuch opgespaant ass. Dat heescht, do mussen nach eng Rei vun nächste Schëppe kommen. An ech géif wierklech d'Re-

gierung opfuederen, an ech hu gesinn, datt och do verschidde Saachen am Entstoe sinn, mir géife wierklech d'Regierung ënnerstëtzen, fir an déi Richtung ze goen.

Erlaabt mer vläicht och, nach eppes ze soe generell. Wësst Der, eng Kris kann och emol nei Opportunitäten opmaachen. An ech soen dat, fréier Regierungen, och dës Regierung, hu jo villen richtig gemaach. Mee et kann awer och nach villen besser gemaach ginn. An do gëtt et just ee Beispill, wat ech awer hei wëll soen.

Mir hunn elo iwwer Joren iwwer Digitalisierung an iwwer Teletravail geschwat. Am Moment setze mer dat ëm a mir sollen och domadder virufueren no der Kris. Ech mengen, mir hunn hei exzellente Erfarunge gesammelt, déi mer och an enger spéiderer Etapp weider kënnen gebrauchen.

Ech géif ophale mat engem Zitat vum John F. Kennedy, deen eng kéier gesot huet: „Kris a chineesescher Sprooch huet zwee Zeechen. Dat eent ass Gefor an dat anert ass Chance.“ D'Gefore sinn do. Mir, Dir, sollen alleguerten de Maximum maachen, fir déi Geforen esou kleng wéi méiglech ze hale fir all eis Matbiurger, awer och fir eis vill Entreprene, fir déi Leit, déi Dag an Nuecht an där Wirtschaft schaffen. Mir sollen also och déi Chance ergräfen. Déi Chance solle mer zesummen ergräfen, net ee géint deen aneren, net géint eis Bierger, net géint eis Entreprene, alleguer zesummen, an och zesumme mat der Oppositioun.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mosar. Nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Beissel. Madamm Beissel, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Simone Beissel (DP).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt wëllt ech, wéi dat Tradition ass, dem Rapportier André Bauler e ganz häerzleche Merci soe fir säin exzellenten, ausféierlechen a ganz kloer Rapport vun dëser dach schwiereger Matière.

Dir Dammen an Dir Hären, Dir wäert dat de Moien natierlech ëfters héieren: Mir liewen de Moment an enger ganz schwiereger Zäit. Si ass schwierig fir eis alleguerten als Privatpersounen, mee si ass awer och a besonnesch schwierig fir eis Betriber an Independanten.

Säit Wochen ass eng ganz Serie vun hinnen, déi schaffe reduzéiert, an eng aner Serie, déi kënnen iwwerhaupt net méi schaffen, well se hir Aktivitéiten hu missen astellen. An ech wëll fir d'éischt vun dëser Geleeënheet profitieren, fir der Regierung an do spezifesch dem Finanzminister Pierre Gramegna, dem Mëttelstandsminister Lex Delles an dem Wirtschaftsminister Franz Fayot och e grouse Merci ze soe fir déi vill a gutt a schnell Aarbecht, déi se an de leschte Woche gelescht hunn, fir geben de Betriber an Independanten ënnert d'Äerm ze gräifen.

Merci wëll ech och soen deene sechs oder siwe grouse Lëtzeburger Banken, déi sech bereet erkläert hunn, fir dëse System matzemaachen, fir dass dëse Projet de loi Realitéit gëtt.

Mam Stabilitéitspak oder -programm, deen 21 Mesuren huet a mat iwwer 8,8 Milliarden eng historesch héich Hëllef betrëfft, an et ass schonn ugekënnegt ginn, engagéiert d'Regierung 14 % - an et muss ee kucken, ob et domat duergeet - vun eise PIB, vun eise interner Räichtum, fir eebe just ze hëllefen.

Ervirzehiewen ass, an ech hunn et scho gesot, net nëmmen d'Envergnung vun där riseger Zomm, mee awer och de super Tempo, de Rekordtempo praktesch, mat deem dee ganze Pak do op d'Bee gesat ginn ass. Dat ass e ganz staarkt Signal vun der Regierung, déi eeben domat wëllt en général d'Wirtschaft stäerken, mee haaptsächlech den Entreprene, an dorënner de Kleng- a Mëttelbetriber, mee och den Independanten ënnert d'Äerm gräifen.

Besonnesch fir PMEen ass et jo wichteg, an dat ass jo och virusa schonn hei gesot ginn, e schnellen an onkomplizéierte System ze hunn, an dat leeft jo. Et ass extreem vill an de leschte Woche vu Moosnamen op de Wee gesat ginn. An ech mengen, ech ginn lech trotzdem elo nach e puer Beispiller, ech ernimmen der nach eng kéier e puer, einfach nëmme fir dass mer eis wierklech bewosst ginn an ëmmer erëm bewosst ginn, wat alles mateneen op de Wee gesat ginn ass!

Dir wësst, et ass lassgaang, mir hu schonn den 31. dee Projet de loi ugeholl mat, als Begleitscheinung dovun, deene 5.000 Euro als net remboursabel Direkthëllef fir Mikroentrepri-



sen, dat heescht Betriber, déi manner wéi néng Leit hunn. Dann 2.500 Euro och Direkthëllef fir Independanten. Dann, ganz wichteg, de Chômage partiel. Ganz wichteg, d'Avance remboursable, déi de Moment op 500.000 Euro pro Betrib ass. A mir hu jo eng Motioun gemaach, à la limite - well d'Europäesch Kommissioun dat erlaabt -, dass een déi ka bis op 800.000 Euro eropschrauwen. Dann de Report vun den direkte Steieren, de Remboursement vum Solde crédeur bis zu 10.000 Euro a Saachen TVA, d'Flexibilitéit vun dem Bezuele vun de Cotisation-socialen, déi breet gefächert Instrumenter an nei Produite vun der SNCI, d'Gratuitéit vun der Benotzung vun der Onlineshopping-Plattform „letzshop.lu“.

Dann, gëschter, hutt Der all eise Premier héieren ukënnegen, dass eng nei Serie vun Direkthëllef kommen, dat heescht, déi net remboursabel sinn. Et kënn nees eng Kéier eng Tranche vun deem, wat elo scho gelaf ass. 5.000 Euro fir déi kleng Betriber, also bis 9 Leit, bis 12.500 Euro fir Betriber, déi tëschent 10 an 20 Leit hunn. Nach eng Kéier ass an d'A gefaast, fir och 2.500 Euro fir d'Independanten ze ginn.

Zwou Konditiounen: Éischts muss de Betrib nach ëmmer zoubleiven, deem dovun kann an de Genoss kommen, oder awer substanzuell Abousen hu vum Chiffre d'affaires. Ech mengen, déi Hëllef, déi kommen zupaass. Et wäert all Mënsch der Regierung Merci soen, fir dat do nach erëm eng Kéier op den Instanze-wee ze ginn.

De Projet de loi, dee mer elo haut solle stëmmen, dat ass een Deel vun der Panoplie vu Mesurë vun dem Stabilisatiounspak, vun deem mer elo geschwat hunn. An hei geet et erëm eng Kéier drëm, dass déi Kleng- a Mëttelbetriber nach speziell gehollef kréien.

De Rapporteur André Bauler huet et scho gesot an ech wëll et nach eng Kéier ënnersträichen, well dat wichteg ass: D'Primmen, déi déi staatelech garantéiert Kreditter ënner anerem betreffen, wäerte progressiv notament zu der Gréisst vun de Betriber gerechent ginn. An dat kënn all Kleng- a Mëttelbetriber nëmmen entgéint.

Déi ganz seriö Situatioun, déi mer hunn an déi jo och eis Geschäftsleit direkt betrëfft, léisst eis natierlech net kal. Mir si jo ganz concernéiert dovun. Dat mécht eis Suerge, well d'Suerg ass, dass eebe verschidde Betriber, an dat ass och schonn ugekënnegt gi vun dem passionéierte Virriedner hei op der Tribün, dat sinn alleguerten déi Commerçanten, déi duerch extern Facteuren, déi net en relation causale directe si mat dem Coronavirus, a virum 1. Januar 2020 schonn an eng fragill Situatioun komm sinn, an déi eeben elo duerch déi zwou Saachen, dat heescht, extern Facteure virdrun, notament grouss Chantieren, an dat net nëmmen an der Stad, mee duerch d'ganz Land, mee awer och elo de Coronavirus drop, riskéieren, definitiv de Kapp hänken ze loosse.

Et ass virdrun ugeklongen, dat ass ee vun de Soucien, mir hunn eng streng EU-Legislatioun an deem Secteur. An do ass jo erauskomm, dass an deem Kader déi Hëllef, déi dese Projet de loi virgesäit, u sech net deene Betriber, déi virum 1. Januar 2020 schonn an de Laberente waren, kënnen zupaass kommen. Mee ech mengen, et huet all Mënsch de Message verstan, dass d'Regierung soll virufuere fir ze kucken, fir deene Leit ze hëllefen.

Ech hu geschwat vu wierklech allen Zorte vu Betriber, déi duerch extern Facteure betrëfft sinn. Wéi gesot, mir Stater sinn natierlech concernéiert vum Tram. Mee duerch d'ganz Land si grouss Chantieren, well d'Land ass amgang, iwwerall op Vordermann bruecht ze ginn, mat ganz villen Zorte vun Infrastrukturen, an all déi Commerçante sinn dee Moment am selwechte Boot.

Dofir sinn ech natierlech ganz frou, dass mer elo de Moien, d'Madamm Polfer an de Laury Mosar, mat natierlech dem Seegen, wann ech esou dierf soen, vun dem Commerceschäfte Serge Wilmes a vu mir selwer, wierklech gedroe ginn (veuillez lire: dass mer elo de Moien iwwer eng Motioun diskutéieren, déi d'Madamm Polfer an de Laury Mosar deposéiert hunn, mam Seegen, wann ech esou dierf soen, vun dem Commerceschäfte Serge Wilmes a vu mir selwer an déi vun eis gedroe gëtt), mee wou ech och hoffen, dass de ganze Sall dat dréit, well et ass wierklech am Interesse vun alleguerten eise Commerçanten, well ech mengen, kee vun eis kann, wann en an de Spiegel kuckt, zouloossen, dass d'Betriber, d'grouss Chantieren, déi, ier d'Coronakris duerno komm ass, gesond waren, elo op eemol duerch e kombinéierten Effekt vu Legislatiounen, déi net openeepassen,

dass déi géifen definitiv de Kapp hänke loosse (veuillez lire: dass Betriber, déi, ier d'Coronakris duerno komm ass, gesond waren, elo op eemol duerch e kombinéierten Effekt vu Legislatiounen, déi net openeepassen, a grouss Chantieren, géifen definitiv de Kapp hänke loosse).

Dese Projet de loi ass e wichtege Meilesteen um Wee vun all de Mesuren, déi d'Regierung momentan amgang ass ze huelen, fir der ganzer Wirtschaft, mee haaptsächlech den Entreprises, dovun de Kleng- a Mëttelbetriber, an den Independante massiv ënnert d'Aerm ze gräifen. An ech mengen, am Nimm vun der DP, mat grousser Begeeschterung stëmmen mir deem Projet zou, deem extreem wichteg ass fir all Zorte vu Secteuren.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Beissel. Nächsten ageschriwene Riedner ass den honorablen Här Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Haagen (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ier ech a meng Ried aginn, wollt ech awer e puer Remarque lassginn zu deem, wat den Här Mosar hei gesot huet. Ech muss soen, ech fannen et net ganz fair an och net ganz gutt, wann een Aussoe vun engem Minister hei kommentéiert - dat ass Aert gutt Recht -, wann e selwer net am Sall ass. Ech hätt dat besser fonnt, ech mengen, datt déi ...

(*Brouhaha général*)

Jo, jo! Jo, jo!

(*Coups de cloche de la présidence*)

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Wannech gelift! Den Här Haagen huet d'Wuert a soss keen.

► **M. Claude Haagen (LSAP).** - Sou! An da wëll ech dozou soen, datt jo och de Minister, wann en déi Aussoe gemaach huet, déi sécher net ganz glécklech waren, dat gëschter och nach eng Kéier am Kader vun enger Pressekonferenz kloergestallt huet. Ech hätt mer gewënscht, wann et aneschtens gaang wier.

Dann eng aner Remark, Här Mosar, ech si frou, datt d'Stad Lëtzebuerg, an ech mengen, d'Madamm Mosar och ..., d'Madamm Polfer ...

(*Hilarité*)

D'Madamm Mosar och, d'Madamm Mosar doudsécher och!

... Reserven huet vun enger Milliard ...

(*Interruption par la présidence*)

... Reserven huet vun enger Milliard an och nach keng Schold dobäi, sou muss ech lech awer soen, dann ...

(*Interruption*)

Ech hoffen, datt et net sou wäit geet.

(*Hilarité*)

An och nach keng Schold dobäi, sou fannen ech dat flott fir d'Stad Dikrech ..., fir d'Stad Lëtzebuerg.

(*Hilarité*)

Ech fannen, fir d'Stad Dikrech a fir aner Gemengen ass et awer och flott ze héieren, well, an do ginn ech dem Här Mosar Recht, déi finanziell Repercussioune wäerte jo am Kader vun där Pandemie hei net nëmmen op d'Wirtschaft, mee och op d'Gemengen zrëckfale, notament iwwert d'Dotatiounen, denken ech, datt dann och déi national Solidaritéit tëschent de Gemenge spillt.

A well mer schonn dobäi sinn, ...

(*Interruption*)

A wa mer schonn dobäi sinn, da wëll ech, an ech denken, dat ass awer e ganz eescht Thema, wat eis alleguerten, mengen ech, heibannen um Härz läit, géif ech gär vun der Geleeënheet profitéieren, well hei de Stater Schäferot ugeklongen ass, fir eist Bäileed op jidde Fall vun der LSAP och un d'Famill vum Armand Drews ze riichten, deem eis leider gëschter verlooss huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert a menger Ried elo net méi op all déi technesch Detailer agoen, déi hei scho gesot gi sinn. De Rapporteur huet dës schonn ausféierlech gemaach. Dofir mäi Merci och un den André Bauler fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

D'Zil vun deem Text ass et, e Regimm vun enger staatlecher Garantie bei neie Kreditter an Héicht vun 2,5 Milliarden Euro anzeféieren. Dat ass scho gesot ginn. Déi Garantie kënn souwuel de Personnes morales wéi de Personnes physiques zegutt, déi eng wirtschaftlech Aktivitéit virweise kënnen. Och d'Professions libérales kënnen an de Genoss vun deser Staatsgarantie kommen.

Mat deser Mesure, déi an esou enger Enver-gure, an dat wësse mer heibannen alleguerten, bis elo menges Wëssens nach ni zu Lëtzebuerg geholl ginn ass, wäerte mer geziilt deenen Entreprise kënnen Loft verschafen, déi duerch d'Covid-19-Epidemie haart getraff gi sinn.

Als LSAP gesi mir d'Plus-value vun deser Mesure aus der Fieder vun dem Wirtschafts- an dem Finanzminister besonnesch doranner, dass se eis hëllef, d'Aarbechtsplazen ze erhalen, déi an deem anere Fall net méi hätte garantéiert kënnen ginn. D'Ofsécher vum Aarbechtsplazen ass natierlech aus der Perspektiv vun der LSAP, an ech denke vu jiddwerengem, fundamental, well et ëm déi sozial Schicksaler vu Salariéen a schaffende Leit geet.

Aarbechtsplazen erhalen huet awer och, an dat ass och wichteg, een net onweesentleche ganz staarken Nieweneffekt: d'Grundvoraussetzung schafen, fir datt eis wirtschaftlech Aktivitéiten erëm kënnen direkt eropgeschrafft ginn, soubal mer dës sanitär Kris iwwerstanen hunn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Haagen (LSAP).** - All Mesuren, déi d'Regierung am Kader vun deem Etat de crise geholl huet, si wichteg a si sinn néideg fir d'Entreprises an d'Bierger vun eise Land. De Chômage partiel, en ass schonn ugeklongen, ass eng vun dese Mesuren. An ech wëll eng Kéier kuerz soen, wéi d'Situatioun war virun der Kris a wéi se haut ass.

Virun der sanitärer Kris hate mer am Land an der Moyenne ëm déi 25 Demandé vu Betriber, déi Chômage partiel ugefrot hunn. Haut schwätze mer vun enger Zuel vu ronn, an ech hunn dat nach nogekuckt gëschter Owend, vu ronn 21.000 Demanden, déi zënter der Kris erakomm sinn.

Ech brauch hei jo kengem ze soen, datt d'ADEM dofir e Riseneffort gemaach huet, fir nëmmen d'ADEM ze nennen, fir sech op d'Zuel vun den Demanden anzustellen, fir d'Resource-humain aneschtens opzestellen, an een neien informatiesch System agefouert huet. Déi éischt Ausbezuellung waren de 4. Abrëll. Et ass also relativ zügig vun der Regierung a vun den Administratiounen geschafft ginn.

An de Fonds pour l'emploi huet bis haut ronn - Stand gëschter Owend - iwwer 400 Milliounen Euro ausbezuelt. Dat just fir ze illustréieren, wéi d'Verwaltungen an d'Ministère an deser Kris matgeschafft hunn, wéi se sech opgestallt hunn, déi Flexibilitéit, déi se un den Dag geluecht hunn. An duerfir gehéiert hinne bei dese risegen Ustrengungen och eise Merci.

Dir Dammen an Dir Hären, als LSAP si mer och frou, dass d'Europäesch Kommissioun an hirer Kommunikatioun vum 19. Mäerz, wou chiffréiert Virgaben zum Calcul vun der Prime de garantie drastinn, méi favorabel Konditiounen fir kleng a mëttelgrouss Entreprise virgesinn huet.

Effektiv ass et an eisen Ae sënnavoll, besonnesch de PMEen e Gest ze maachen, well si sinn d'Reckgrat vun eiser Wirtschaft. An eisen Aen ass et gradesou richtig, dass déi staatelech Garantien, déi mer hei mat deem Text erméiglechen, cibléiert bliwen. Mir sinn der Meinung, dass et d'Haaptzil ass, mat der staatlecher Garantie deenen Entreprises ënnert d'Aerm ze gräifen, déi duerch de Covid-19 an temporaire a finanziell Schwierigkeete geroode sinn.

Nieft deser staatlecher Garantie ginn et och um Niveau vu verschiddene Ministère Mesuren, fir Entreprises an Aktivitéiten um Liewen ze erhalen, déi scho virun der sanitärer Kris a Schwierigkeete waren. Och des Mesurë mussen de Betriber weiderhin no Covid-19 zur Verfügung stoen.

Finalement wëll ech awer och ënnersträichen, datt d'Lëtzeburger Regierung eng antizyklesch Wirtschaftspolitik mécht a maache kann, well se déi lescht Jore responsabel mat eise Staatsfinanzen ëmgaangen ass.

Eise Budgetsrapporteur, den Yves Cruchten, ka sech sécher nach ganz gutt drun erënneren, wéi d'lescht Joer nach vu verschiddene Leit lineär Steiererliichterunge gefuerdert gi sinn. Ech sinn op jidde Fall frou, dass d'Regierung net op dee Wee gaang ass an dass elo déi Reserven do sinn, fir geziilt deenen Acteuren ze hëllefen, déi wierklech eng Stäip brauchen. Esou kann een effektiv aussoen, datt d'Lëtzeburger Regierung eng 6 Milliarden Euro kéint léine goen, ouni dass mir d'Richtlinn vun deenen 30 % - Dir wësst, op EU-Niveau sinn der 60 gefuerdert - Dette publique par rapport zum BIP, wéi se am Koalitionsaccord festgeluecht ginn ass, géife briechen.

D'EU-Kommissioun grad ewéi d'Staats- an d'Regierungschef schéngen op d'mannst deelweis aus dem feelerhaften Émgang mat der Wirtschafts- a Finanzkris vun 2009 geléiert ze hunn. Esou ass et relativ séier gaangen, fir d'Clause dérogatoire générale, déi am Joer

2011 am Kader vum sougenannte Sixpack an de Pacte de stabilité et de croissance, de PSC, integréiert ginn ass, no enger Videokonferenz vum Conseil européen vum 17. Mäerz ze aktivéieren.

Et ass dës déi éischte Kéier, dass déi Clause dérogatoire ausgeruff ginn ass. Domadder sinn net nëmmen déi méi bekannte Maastricht-Krittären temporairement op Ais geluecht ginn, mee och de Respekt vum OMT, vum Objectif à moyen terme. Lëtzebuerg hat sech fir d'Period 2020 bis 2022 en OMT gi vu plus 0,5 %. Ech erënneren drun, datt et an de Joren 2017 bis 2019 ee strukturelle Solde budgétaire war vu minus 0,5 %.

Well et och eng Relatioun gëtt tëschent dem OMT an der Investissementspolitik vun engem Land, an dat natierlech och fir Lëtzebuerg zielt, wëll ech hei zwou Haaptfroen an deem Kontext un d'Regierung riichten, haaptsächlech och un de Finanzminister.

Wat fir e Solde structurel oder OMT ass dann elo fir Lëtzebuerg geholl ginn? Wéi geet et mam OMT weider? Wéi gëtt deem elo an Zukunft definéiert a wéi, wann iwwerhaupt, gëtt en am Fong erëm applizéiert, dës natierlech och am Kontext vun der Investissementspolitik, déi aner europäesch Länner an och Lëtzebuerg wäerte weidermaachen?

Da wollt ech froen, wéi d'Regierung d'Situatioun vum PSC gesäit fir d'Joren 2020 bis 2023, well ech géif mengen, mir hätten de Pacte de stabilité et de croissance d'lescht Joer am Abrëll eraginn. Dee ka jo och net méi aktuell sinn, op jidde Fall net méi no der sanitärer Kris. Wéi gëtt dee Programm elo adaptéiert a wéi wäerte mer déi Diskussiounen féieren?

Dir Dammen an Dir Hären, fir d'LSAP steet fest, datt finanziell Contrainten an Oplagen, déi als Zil virun deser Kris fixéiert gi sinn, an desen Zäiten net méi kënnen eis Guideline sinn. An desen Zäiten, wou mer vill Onsécherheete bei de verschiddenen Acteuren spieren, well eis alleguerten Erfahrungswärter iwwert d'ekonomesch Konsequenze vun enger globaler sanitärer Kris feelen, duerf kee budgetären Dogmatismus priméieren.

Lëtzebuerg huet eng immens favorabel Situatioun. Um Enn vum zweeten Trimester 2019 war Lëtzebuerg op zweeter Plaz vun deemools 28 EU-Staate mat der niddregster Staatsschold par rapport zu senger Wirtschaftskraft, an dat direkt no Estland.

Kee Mënsch, denken ech, mat gesondem Mënscheverstand géif jo verstoen, wa mer eis géifen an deem Moment penibel ganz einfach op arbiträr Seule festleeë loosse. Eis ambitéise Investissementspolitik duerf eebe grad net a Fro gestallt ginn. D'Wäiche fir d'Zukunft mussen weider gestallt ginn, well mir mussen kënnen duerstarten, wann des Kris eriwuer ass. A kengem Fall duerf et dozou kommen, dass mer notament bei eiser Infrastruktur- an Investissementspolitik géife Retarden opbauen.

Een Emprunt vun 3 Milliarden, dat ass och scho gesot ginn, gëtt mat deem Projet de loi och autoriséiert an ass néideg, fir an der Lutte géint de Covid-19 ze kämpfen. Domadder sollen déi verschidde Mesurë kënnen géigefinanziéiert ginn. Ouni Covid-19 wier keen Emprunt vun 3 Milliarde gefrot ginn an hätt natierlech no deem Vott och net kënnen gezu ginn.

An esou schwéieren Zäite wéi dese kënn et natierlech méi wéi jee op Solidaritéit un. Dës Solidaritéit dréckt sech am Klengen aus tëschent den Noperen, dat mierke mer hei am Land, tëschent de Generatiounen an iwwerall an eiser Gesellschaft.

D'Europäesch Unioun muss op der Héicht si vun där Solidaritéit, déi europäesch Bierger Dag fir Dag liewen. Europäesch Solidaritéit tëschent de Memberstaaten ass warscheinlech esou dréngend noutwendeg wéi nach ni virdrun.

D'LSAP begrësst dofir ausdrëcklech, dass d'Lëtzeburger Regierung d'Propose vu sougenannte Coronabonds ënnerstëtzt huet. Dës hätten den Avantage gehat, den Drock op de Finanzmäert op Länner wéi Italien a Spuenien a Grenzen ze halen. Op d'mannst si mir awer dozou iwwergaangen, zesumme 25 Milliarden Euro u Garantiegeder der EU-Kommissioun zur Verfügung ze stellen, fir datt si hirersäits 100 Milliarde mobiliséieren kann, fir deene Memberstaaten ze hëllefen, déi finanziell Schwierigkeeten hunn, de Chômage partiel an hire Länner ze finanzéieren.

All déi, déi nach ëmmer mengen, datt et eis nimmee wéineg oder guer net soll këmmen, wann an Italien, Spuenien oder soss enzwoosch an der Europäescher Unioun de Gesondheets-system no drun ass, op eemol ze kollabéieren, oder europäesch Bierger a Prekaritéit gedréckt ginn, all déi Leit an déi Länner, déi keng Zesammenhäng gesinn, déi hu weeder fir Wirtschaftspolitik nach fir europäesch Solidaritéit ee Gespier.



D’LSAP begréisst och, dass sech d’Memberstaaten op d’mannst duerchgedrongen hunn, fir 240 vun deene 410 Milliarden Euro aus dem europäesche Stabilitéitsmechanismus, deen 2012 opgebaut ginn ass, deene Memberstaaten zur Verfügung ze stellen, déi besonnesch vun der sanitärer Kris betraff sinn.

Et ass immens wichteg, dass mir kee Memberstaat hänke loosson an dëser historesch graver Situatioun. An eisen Aen dierft een allerdéngs och kee Plaffong vun 2 % vum PIB pro Memberstaat setzen - am Fall vun Italien, just fir dat ze illustréieren, wieren déi 2 % vun hirem PIB grad emol e Kredit vu 36 Milliarden Euro -, well, an dat ass d’Argumentatioun, eeben de Covid-19 d’Länner ënnerschiddlech staark getraff huet.

Et wäert och néideg sinn, dass mer eis Hëllefsinstrumenter fir déi wirtschaftlech a sozial Acteure reegelméisseg upassen un d’Evolutioun vun der ekonomescher Situatioun, sou wéi de Premier dat gëschter och schonn a senger Deklaratioun gesot huet.

Et ass kloer, dass et während der Durée vum Confinement onméiglech ass, d’wirtschaftlech Bannenofer ze stäerken. Et geet eis engersäits drëms, d’Liquiditéitsproblemer, an dat ass jo och ee vun den Argumenter fir deen 3-Milliarden-Emprunt, bei den Acteuren aus eiser Wirtschaft ze evitéieren. A mat de verschiddene Mesuren, déi eis Regierung geholl huet, wäert dat ons sécher geléngen.

Anerersäits ass et eis eeben och wichteg, dass d’Aarbechtsplazen an domadder d’Kafkraaft vun de Stéit hei am Land erhale bleiwen. Déi lescht Wochen ass keen Dag vergaangen, wou net eng nei Measure oder en neie Stabilitéitspakt an engem Land annoncéiert ginn ass.

An der Europäescher Unioun, wann een zesummerechent, wat schonn alles annoncéiert ginn ass, sinn Hëllef a Garantië vu méi wéi 3 % vun der Wirtschaftskraaft vun der EU mobiliséiert ginn.

Finalement wéilt mir als LSAP och ënnersträichen, dass et wichteg ass, dass mer net ze vill séier no der Kris, vun där mer alleguerten hoffen, dass se geschwënn eriwuer ass, op europäeschem Niveau de Rimm méi enk zeien an esou eis Wirtschaft zu deem Moment, wou se erëm e bëssen zou sech kënnt, dann erëm direkt ofwiergen.

D’Feeler an der Aart a Weis, wéi mir op europäeschem Niveau mat der Wirtschafts- a Finanzkris ëmgaange sinn, duerfe mir, op jidde Fall an eisen Aen, op kee Fall nach eng Kéier maachen.

Déi ekonomesch Repercussiounen vum Covid-19 wäerten eis sécher eng länger Zäit beschäftegen. D’Politik, an och déi Lëtzebuurger Politik, ass dofir do fir ze begleeden, ze berouegen an de Bierger ze hëllefen.

Dës Regierung ass gewëllt, dat ze maachen, dofir ginn ech natierlech och am Numm vun der LSAP-Fraktioun gréng Luucht zu dësem Projet de loi.

Ech soen lech Merci fir d’Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Haagen. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Charles Margue (déi gréng).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech schlësse mech dem Merci vu menge Virgänger un de Rapporteur André Bauler un, an e ganz ausdréckleche Merci mengersäits fir déi gutt, pädagogesch erfrëschend Leçon samschdes moies.

„Aussergewéinlech Zäiten erfuerderen aussergewéinlech Moosnamen.“ Ech kann de Saz scho bal net méi héieren. Dëse Saz huet een a leschter Zäit ëmmer erëm vu politeschen an och aner Responsabelen uechtert d’Welt an och zu Lëtzebuerg héieren. Mee et stëmmt awer an et kéint een dëse Projet net besser beschreiwen, well dat, wat mir haut decidéieren, ass nun emol aussergewéinlech, aussergewéinlech am Ausmooss, et geet ëm 2,5 Milliarden Euro, méi wéi een Zéngtel vun de järelechen Depensé vum Zentralstaat, an och wat d’Räichweid ugeet, well quasi all Secteur, dee vun der Coronakris getraff ass, vun de Garantië ka profitéieren. D’Ausnamen, déi Secteuren, déi net betraff sinn, huet de Rapporteur jo mentionéiert.

Fir et riichter aus ze soen: Dëse Projet ass déi richteg Äntwert op eng grouss Urgence, well d’Kris vun der Realwirtschaft riskéiert soss, sech och zu enger Finanzkris auszebreen, déi mindestens esou schlimmer wär wéi déi vun 2008.

Domat steet net nëmmen dat kuerzfristegt Iwwerliewe vun den Entrepreneuren an déi domat verbonnen Aarbechtsplazen um Spill, mee et besteet e reelle Risiko, dass eis Wirtschaft laang-

fristeg ugeschloen a markéiert bleift. Géint een Deel vun deem Broch ass haut scho villen net méi ze maachen. Déi jéngst Analys vun der Ratingagence Moody’s fir dës Joer rechent mat engem Réckgang vum PIB zu Lëtzebuerg vu 4,5 %, an do sinn d’Stabiliséierungspakmoossname scho mat agerechent.

D’Fondation IDEA, se ass scho mentionéiert ginn, huet bei den Decideuren d’lescht Woch nogefrot a kënnt och op e geschätzte Réckgang vu 5 % vum PIB dës Joer.

Interessant ass et awer och, an där Etüd ze ginn, wéi d’Meenunge fir 2021 ausernee ginn. Zweek Drëttel vun deenen, déi befreit gi waren, vun den Decideuren hei am Land, rechnen nämlech domat, dass et 2021 erëm géif biergop goen, awer een Drëttel rechent mat engem weidere Réckgang. Ech géif mech tendenziell éischter deem Drëttel uschlëssen.

Domadder hätt dës Kris eng änlech, wann net souguer méi eng grouss Envergure wéi déi vun 2008. An et ass eebe gutt méiglech, dass wéi an de Krisjoren 2008 an 2009 och déi nächst Joren d’Konjunktur nach staark ugeschloe wäert bleiwen, ënner anerem well verschidde Secteuren d’Konsequenze vun der Kris eréischt méi spéit, versat ze spiere kréien.

Mir sinn also hei an dësem Gesetzesprojet am Zenario vun enger Schadensbegrenzung. An ob et duergeet, wéi virdru gesot ginn ass, doriwwer wäerte mer nach schwätzen. Ech hoffen net, dass mer nach oft weider Konsolidatiounspäck an Hëllefspäck musse maachen, mee et ass net auszuschlëssen.

Et ass e Moment, wou Solidaritéit gefrot ass a wou déi vun der Kris affektéiert Entrepreneuren iwwer Waasser musse gehale ginn, fir Massefaillite mat all hiren negative Konsequenzen ze vermeiden. Dat ass d’Konditioun, esou steet et och am Exposé des motifs vun dësem Gesetzesprojet, fir dass d’Entrepreneuren no der Kris nees kéinten duerchstarten. „Rebondir“ op Franséisch steet am Exposé des motifs.

Ass „Duerchstarten“ an deem Sënn dat richtegt Wuert? Jo, mee dozou stelle sech op laang Siicht awer e puer zentral Froen: Wéi wäerten eis Betriber nees duerchstarten? An a wéi eng Richtung? Gi se zréck an déi al Normalitéit, an de „business as usual“, esou wéi et no der Kris vun 2008 passéiert ass? Oder gi se no vir an eng nei Normalitéit? A féiert dës Kris zu engem Émdenken an der Ekonomie hin zu méi Resilienz a virun allem zu méi Nohaltegkeet?

Dës ass den zentralen Enjeu vun der Relance, enfin vun dësem Duerchstarten no der Kris, iwwert déi mir eis awer all elo scho sollte Gedanke maachen an déi nëmmen da fonctiönéiere kann, wann an Europa esou wäit wéi méiglech Konsens kënnt, dass mer och an déi selwecht Richtung ginn, wann net déi 27, dann op d’mannst de groussen Deel an déi grouss Ekonomien.

An deem Sënn kann ech an deem Kontext nëmme begrëssen, dass 13 Ëmweltministere aus Europa, dorënner déi franséisch, déi däitsch an natierlech och déi lëtzebuergesch, sech an enger Stellungnam fir eng gréng Relance vun der Ekonomie ausgeschwat hunn, net einfach esou, mee déi sech un der Roadmap vum European Green Deal orientéiere soll.

(**Interruption**)

De Finanzminister an de Wirtschaftsminister och.

(**Interruption**)

Nee, ech hu vun Ëmweltministere geschwat, mee voilà!

(**Interruption**)

Ech honoréieren dat an et erfreet mech!

(**Interruption**)

Jo, jo, jo. Dat fret mech nach méi!

(**Hilarité**)

Dat ass a mengen Aen de richteg Wee. An ech mengen, dat ass och d’Richtung, an déi mir zu Lëtzebuerg goe sollten. D’Bestätegung ass do.

Effentlechen Investissement ass an där Hisiicht d’Stéchwuert an dëse wäert wuel och am Zentrum vun der ekonomescher Relance stoen. Den IPCC geet dovun aus, dass bis 2035 de järelechen Invest vun 2,5 % vun weltwäite PIB fir eis Ekonomie esou opstellen ass, dass d’Ziler vum Paräisser Accord kënnen erreecht ginn. Dat erfuerdert, ech kann et net anescht soen, e kolossalen Effort, zu deem mir eise Bäitrag leeschte wäerten a wëllen.

D’ekonomesch Relance no der Kris huet d’Potential, zu dësem Effort bäizetroen, andeems mir derfir suergen, dass d’Investissementer an d’Wirtschaft effikass an erneierbar Energien, an d’Promotioun vun der Zirkularwirtschaft queesch duerch d’Secteuren, a méi lokal Liwwerketten an d’energetesch Effizienz flëssen, fir nëmmen e puer Chantieren ze nennen.

Lëtzebuerg war hei mat sengem enormen Invest an den nohaltegen Transport an de leschte Joren a mat sengen ambitiëse Klimapläng schonn um richteg Wee. Ma mir sollten deen Elan elo duerch d’Kris net verléieren, mee au contraire d’Geleeënheet notzen, fir nach eng Schëpp dropzeleeën!

An dësem Kontext wäerten och d’Reforminitiativen op europäeschem Niveau analyséiert musse ginn. Ech denken do ganz konkret un d’Reform vum budgetäre Kader vun den EU-Memberlänner, fir den effentlechen Invest an d’Nohaltegkeet an an de Klimaschutz, awer och an de Gesondheetssektor méi effikass ze féideren.

D’EU-Kommissioun huet am Ufank vum Joer schonn esou eng Reform un d’Rulle bruecht, bei där et jo géllt, dohannertzebleiwen. De Minister Pierre Gramegna huet jo och schonns dorobber higewisen a verschiddenen Interventionen. Donieft brauche mir natierlech och op europäeschem Niveau e staarken Investitiounsplang fir d’Ekonomie, dee sech un de Leitlinie vum Green Deal orientéiert. Nëmme esou kënne mer et fäerdegrëngen, d’Ekonomie ze revitaliséieren a gläichzäitig eise Klimaziler méi no ze kommen.

Den Ausdrock „revitaliséieren“ gefält mer och iergendwéi besser wéi dee vun der Relance, well et geet definitiv ëm eng Transitioun an eng nohalteg Wirtschaft, wou all eenzelne Betriber säi Businessplang muss iwwerpräiwen, eng Risikoaschätzung muss maachen, wann e wëllt an e puer Joer nach dobäi sinn an net nëmme just elo iwwerliewen.

Dir Dammen an Dir Hären, mat de Garantien, iwwert déi mir haut debattéieren, huet d’Regierung de Choix getraff, d’Banke mat an d’Boot, an d’Rettingsboot ze huelen. De Staat garantéiert, et ass gesot ginn, 85 % vum Risiko bei de Préten, déi vun de Banken accordéiert ginn. Mat dësem Engagement ginn de Staat an d’Banken e Partenariat an, bei deem d’Banken indirekt de Staat vertrieden - och zimmlech aussergewéinlech, mir haten an der Finanz- a Wirtschaftskommissioun doriwwer rieds, an de Finanzminister huet ganz kloer drop higewisen -, well d’Banken hir Clienten, d’Betriber jo besser kenne wéi den Tresor!

Hei stellt sech d’Fro, awéifern zesumme mat de Banken d’Guidelines ausgeschafft goufen an nach wäerten ausgeschafft ginn, fir d’Accordéiere vun dëse Kreditter an Zukunft ze begleeden. A mir wäerten herno e puer Informatiounen kréien, wéi déi Convention type, déi amgang ass finaliséiert ze ginn, ausgesäit.

Dat schéngt mer virun allem pertinent bei de méi laangfristige Kreditter ze sinn, déi eng Lafzäit hu bis zu sechs Joer. Wann et ëm d’Transitioun vun eiser Ekonomie geet, sinn d’Banken nämlech och an der Responsabilitéit. An hirer Roll vum Intermediaire hu si d’Hiewelen an der Hand, fir reell Changementer an de Betriber erbaizeféieren. Ech hu schonn eng Kéier an deem Sënn eng Fro gestallt gehat.

Verstitt mech also net falsch: Ech begrëssen ausdrécklech d’Bereetschaft vun de Banken, zur Bewältegung vun der Kris bäizetroen, andeems si bei de Préten, ëm déi et haut geet, och hir 15 % Risiko bei sech ophuelen. Dat eleng geet awer net duer. Dat ass vläicht d’Finanztechnik, mee hei si mer och an enger wirtschaftlecher Perspektiv.

D’Banke misste sech an Zukunft besser opstellen an déi néideg Kompetenzen entwéckelen, fir déi Entrepreneuren dobäi ze begleeden, dass net nëmme hire Finanzmodell, mee dass hire Businessmodell nohalteg opgestallt géif ginn a méi resilient géint probabement nei Schocke kéint sinn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Charles Margue (déi gréng).**- Stéchwuert: Responsable Banking. Dës Virstellung iwwert d’Roll vun de Banken ass net a mengen Gaart gewuess, mee ass vun der Europäescher Bankenassociatioun, vun der Europäescher Investitiounsbank a vun der UNEP-Finance-Initiativ ganz kloer ervirbruecht ginn, an dat net eréischt elo am Kader vun der Coronakris, mee souwäit ech et matkritt hu ganz däitlech an explizitt 2019. Mir haten e Meeting vun UNEP Finance jo am Dezember zu Lëtzebuerg.

Hei ass et och wichteg, dass d’Banken all Risikogenee analyséieren a managen an esou proaktiv mat op de Wee ginn, fir zum Beispill mat de Betriber hir Liwwerketten ze iwwerpräiwen, sief dat fir Clienten - wou sinn hir Fournisseuren? -, fir gegebenefalls e Wee ze fannen, fir aus der fossiler Energie erauszeklappen.

Dernieft géif ech och derfir plädéieren, falls dat net souwiesou scho virgesinn ass, an den nächste Méint a Joren e reegelméisseg Suivi a Rapport zesumme mat der ABL ze maachen, fir esouwuel qualitativ wéi quantitativ ze analyséieren, wéi vill Préte gemaach goufen, aus wéi enge Secteuren déi Betriber kommen, firwat

déi Préte benotzt ginn, fir Investissementer oder just méi Liquiditéit ze hunn. An an där Hisiicht géif ech déi Häre Ministeren dann och froen, ob si bereet wäeren, reegelméisseg an d’Chamber ze kommen, fir eis doriwwer e Rapport ze maachen. Dovu ginn ech aus. Merci elo schonn!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn et scho virdru ugeschwat: Mir sinn an engem Moment vu Solidaritéit, wou Solidaritéit gefrot ass. Solidaritéit heescht an dësem Kontext, dass déi ekonomesch Acteuren zesummenhalen an net jiddwereen no sech kuckt. Dat heescht, d’Banken no sech, d’Betriber no sech, de Staat versicht dann, jiddwerengem ze hëllefen. Nee, mir mussen zesummenhalen! Een Aspekt dovunner ass staark liéiert mat deem, wat mir haut hei diskutéieren. Et geet drëm sécherstellen, dass d’Banken der Realwirtschaft an dëser schwieriger Zäit genuch Liquiditéiten - ech hunn et scho gesot - kënnen zur Verfügung stellen.

D’Europäesch Bankenopsicht huet an dësem Sënn déi europäesch Banken opgefuerdert, alles ze maachen, fir hir Récklagen och héich ze halen an esou d’Realwirtschaft weider mat Kreditter kënnen ze ënnerstëtzen. Et gouf schonn esou Momenter. Et gouf e Juncker-Plang, wou d’Banken opgefuerdert goufen, Geld an d’Wirtschaft ze pompelen. Den Erfolleg war e wéineg beschränkt.

Nieft méi Flexibilitéit fuerdert d’EBA d’Banken och op, d’Ausschëdde vun Dividenden an dësem Moment ze evitéieren. Dat ass en immens wichtige Message, deen net nëmme fir d’Banke géllt. Eng Kris ass net de Moment, fir de Profit vun den Aktionären an éischter Plaz ze gesinn. Si hunn duerch hir Investitioun e weesentleche Risiko a Kaf geholl. Or, an enger Krisituatioun zitt een als Aktionär de Kierzen. Et ass au contraire d’Allgemengwuel, wat hei muss Virrang hunn.

Ech wëll och hei op en anere wichtigen Aspekt ze schwätze kommen. Déi wirtschaftlech Kris, déi mer am Moment erliewen, huet jo net just en Effet op d’Entrepreneuren, mee natierlech och op vill Salaréien. An domat mengen ech net just déi, déi méiglecherweis hiren Job verléiere wäerten, ech schwätzen och vun deene villen, déi elo am Chômage partiell sinn an doduerch an dëser Zäit e gutt Stéck manner Akommes zur Verfügung hunn.


Et si virun allem, mer wëssen et, zu Lëtzebuerg déi héich Käschte vum Logement, sief et a Form vun engem Prêt oder vun engem Loyer, déi d’Leit hei am meeschte belastschen. Dofir ass et och immens begrëssenswäert, dass d’Regierung elo schonns Mesurë geholl huet, fir deene Leit séier ënnert d’Ärm ze gräifen, mat der Upassung vun der Subvention de loyer an der Subvention d’intérêts, soudass esou vill wéi méiglech Leit kënnen dovun profitéieren. Mir wëssen alleguerten, déi Moosnamen, déi do getraff sinn, sinn oft net bei de Leit ukomm.

Och makroekonomesch gesinn huet dës Reduktioun vun der Kafkraaft negativ Effekter, déi riskéieren, wäit iwwert d’Period vum Confinement erauszegoen. Am Moment ass d’Nofro eleng duerch d’Tatsaach, dass déi meescht Commercen zou sinn, immens déif, ma se riskéiert och tendenziell immens déif ze bleiwen nom Confinement, wann een dovun ausgeet, dass d’Leit net vun haut op muer hir al Gewunnechten nees ophuelen an dass vill Leit och vläicht net méi d’Moyenen dozou hunn.

D’Revitaliséierung vun der Wirtschaft därft sech dowéinst net nëmmen op Investissementer an op d’Fërdere vun der Produktioun konzentréieren, mee mir wäerten och eng Stimulatioun vun der Demande brauchen, fir d’Ekonomie nees un d’Rullen ze bréngen a gläichzäitig d’Verléierer vun der Kris matzehuelen. Mir brauchen also eng nohalteg a gerecht Relance, déi net just bei de Betriber an de Banken, mee och bei de Leit ukëunt.

A wann ech elo scho bei der Nofro sinn, da sinn ech och beim Konsum. Dës Kris féiert eis onweigerlech virun Aen, op wéi enge wackelege Been e groussen Deel vun eisem alldäegleche Konsum virun der Kris stoung.

Ech hu virdru d’Fro an de Raum geworf, wéi eis Entrepreneuren no dëser Kris wäerten duerchstarten, a probéiert, e puer positiv Pisten dofir ze ginn. Déi selwecht Fro stellt sech awer och beim eenzelne Bierger, beim Konsument, dee mer sinn. Dës Kris huet de Konsum vun eis all op dat Néidegst reduzéiert. Dat huet vill Leit sécherlech zum Nodenke bruecht iwwert de Sënn an d’Aart a Weis vun hirem Konsum an d’Fro opgeworf, wat fir materiell Saachen, déi virun der Kris evident an indispensable geschéngt hunn, esou wichteg vläicht guer net sinn.



Et ass eppes Positives, datdeen Eenzelnen aus dëser Kris wäert kënnen mathuelen, an Zukunft bewosst lokal a responsabel ze konsumméieren an domat säi Bäitrag ze leeschte fir eng méi resilient an nohalteg Économie. Meng Virriedner si schonn dorop agaangen.

De Succès déi lescht Woche vun diverse Plattformen, fir lokal anzekafen, beweist dat, grad ewéi dass - ee Fait erausgegraff - zum Beispill beim Naturata den Émsaz zënter dem 16. Mäerz ëm 47 % an d'Luucht gaangen ass. Si hunn d'Zuelen op den Dësch geluecht, déi aner hätt ech och soss zitëiert.

► **Une voix.**- Tant mieux fir lech!

(**Hilarité**)

► **Une autre voix.**- Jo.

► **M. Charles Margue** (*déi gréng*).- Nee, ech weess jo och net, ob déi se ufroen. Si hunn eng Partie Leit effektiv am Congé, well hir Mataarbechter net all kënnen do sinn. Si hu 50, 60 Leit vun 250 manner am Asaz. A se stemme 47 % weider.

► **Une voix.**- Wien ass dat?

► **M. Charles Margue** (*déi gréng*).- Den Naturata. Et stoung am „Wort“.

► **La même voix.**- A, et stoung am „Wort“!

► **M. Charles Margue** (*déi gréng*).- Jo.

(**Brouhaha**)

D'Regierung huet mat hirem Stabilitéitspakt Courage gewisen an déi richteg kuerzfristeg Äntwert op dës eminent Kris ginn. Dës Mesurë sinn awer och nëmmen den éischte Schrëtt an d'Richtung vun der Postcoronaökonomie a si mussen kontinuéierlech un d'Besoinen vun de Secteuren ugepasst ginn.

D'Revitaliséierung vun der Économie, déi een elo muss ugoen, gétt engem d'Chance, eis Économie nohalteg ëmzedenken, zu Lëtzebuerg, an der EU an op internationalem Plang. Dës Geleeënheet solle mer eis net entgoe loosse!

Ech soen lech Merci a ginn natierlech och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetz.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Margue.

Ech wëll just soen, wann ee wëllt een Tëscheruff maachen a wann ee wëllt gehéiert ginn, da muss een d'Tast vum Mikro drécken.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President, merci villmools.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wichtig ass awer, dass een duerno ... Ganz wichtig ass souguer, dass een duerno de Mikro awer direkt erëm ausmécht, fir eebenen d'Qualitéit vun der Anlag ze erhalen.

Ech wëll bei dëser Geleeënheet och soen, dass déi verschidde Motiounen an Amendementen am neien Onglet um Portail ënnert der Rubrik „Séances publiques“ stinn an dass se nëmmen un déi verschidde Fraktiouns- a Sensibilitéitscheffe paperméisseg verdeelt ginn.

An elo ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Merci, Här President. Dat mat den Zwëscheriff hutt Der elo grad zurzäit gesot.

Ech hunn, wéi oft, wann een no ville Leit schwätzt, en Avantage an en Desavantage. Mäin Avantage ass et, dass den André Bauler esou ee magistrale Rapport gemaach huet, dass ech hei kee Wuert vun deem Projet muss paraphraséieren.

Ech hunn den Desavantage, dass den honorable Kolleg Mosar esou vill Saache gesot huet, déi ech a menger Ried hat, dass ech hu misse ganz vill sträichen. An ech hunn den Desavantage, dass den honorabelen Här Margue iwwert de Fonctionnement an d'Roll vu Banken esou en onwarscheinleche Brach erzielt huet, dass eleng d'Replik dorobber géif zéng Minutte brauchen. Mir maachen dat dann op enger anerer Plaz.

(**Interruptions diverses**)

Schécke mer virus, dass mir als ADR dësse Projet begreißen, dee munchen Entreprisë wäert d'Liewe retten. Mir deelen och insgesamt d'Meenung, dass an esou enger Kris dës Mesuren dee richteg Wee sinn.

► **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- Bei lech geet souguer Brach ëm!

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- D'Studie vu Research Luxembourg Economic Effects of

Covid-19 in Luxembourg vum 8. Abrëll, déi de Laurent Mosar schonn zitëiert huet, bestätegt d'Gravitéit vun der Situatioun.

De Laurent Mosar seet, e géif de Wirtschaftsminister optimisteschen fannen an deem senger Aschätzung vun der Perte vum PIB, hie wär méi pessimisteschen, hie géif mat 5 % rechnen. Abee, ech muss soen, och de Laurent Mosar ass a mengen Aen ze vill optimisteschen!

Déi Etüd, déi ...

► **M. Laurent Mosar** (*CSV*).- Ech sinn nach hei!

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Jo.

Déi Etüd, déi mer hei zitëiert hunn, seet, dass all eenzelne Mount Lockdown eise PIB ëm 2 % bis 3,5 % reduzéiert. Dat heescht ganz konkret, dass mer no dräi Méint Lockdown bei mindestens 6 %, wann net 10,5 % Perte vum PIB wäerte leien!

Wann een a Betruecht zitt, dass zu dëser Reduktioun vum PIB och ipso facto eng Reduktioun vun de Staatseinnahmen kënnt, da muss ee kee grouse Pessimist si fir ze soen, dass d'Prognosen düster ausgesinn.

Wa gläichzäiteg de Gesamtrettungspak, dee mer matdroen, mat 14 % PIB zu Buch schléit, da wësse mer, dass eis Musterschüler-Staatsverschuldung vun 22 % vum PIB Geschicht ass an eis Triple-A-Benoutung mat all Mount Lockdown méi a Gefor geréit. Däers mussen mer eis ganz einfach bewosst sinn.

D'Research-Studie schwätzt vu 4 % bis 6 % vum PIB, dee pro Mount muss staatlechersäits injectéiert ginn. Dat heescht, dee 14 %-Pak ass no spéitstens dräi Méint opgebraucht. Fazit: An eisen Ae bezuele mer haut de Präis vun enger verfeeltener Budgetpolitik vu ganz ville Regierungen virdrun!

Amplaz an Zäite vu fetten Iwwerschëss sech eng Mouk ze bilden, fir bei iergendenger Katastroph - an et gétt ëmmer Katastrophen! - gerüst ze sinn, goufen ëmmer nei Weeër gesicht, wéi de Staat Steiergelder ka verschleiden. Hei ass weeder elo de Moment nach d'Zäit fir den Detail. Dee wäerte mer dann opschaffen an eiser Interpellatioun d'„Léieren aus der Kris“.

Jiddefalls si mir als ADR der Meenung, dass zumindest déi gréissegewänschte New-Green-Deal-Politik elo hoffentlech wäert vum Dësch sinn!

Da profitéieren ech awer, fir zwou, dräi weider Saachen ze soen, déi elo net direkt mam Projet a Verbindung stinn.

Et nervt mech, an ech denken, et nervt och aner Kollegen, dass mer als Deputéiert op kloer a prezis Froen vun der Regierung keng Äntwert kréien! Ech huelen als Beispill dem Martine Hansen seng Fro gëschter, wou d'Martine zu Recht d'Prezisioun gefrot huet, ob Planzenhändler, dass heescht, Leit, déi net selwer eng Pepinière hunn, e Méindeg däerfen opmaachen, jo oder nee. An ech denken, dat doten ass eng Fro, déi kann ee mat Jo oder Nee beäntweren. Déi Leit hunn e Recht, dass ze wëssen!

De Laurent Mosar huet e Plädoyer gehalen, anescht kann een net soen, en emotionale Plädoyer fir d'Independanten. Ech ginn net méi weider dorobber an. Ech stelle just fest, dass hei Leit, déi genausovill, wann net méi cotiséiere wéi hir eege Mataarbechter, diskriminéiert ginn an dass déi sollten ipso facto déi selwecht Prestatiounen kréien am Congé partiel (veuillez lire: Chômage partiel) wéi all Mënsch. Do ass net drun ze deuten!

Et ass einfach net justifizéierbar, eng ongläich Behandlung vu Bierger erbäizéieren! Déi Leit fille sech zu Recht als Bierger zweeter Klass, an da gi se och nach duerch de Vizepremier attackéiert an diffaméiert. An ech soen lech, wann den Här Kersch fir zwee Sou Schimmt an der Panz hätt, géif en demissionéieren!

(**Brouhaha**)

► **Une voix.**- O, o!

► **Une autre voix.**- Très bien!

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Da wollt ech op d'Thematik agoen ...

Zwëscheriff si wëllkomm.

(**Coups de cloche de la présidence**)

Merci fir den „Très bien“!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Reding huet d'Wuert a soss keen!

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Da wollt ech profitéieren, och nach eng Keier op déi Thematik anzegoe vu grouse versus kleng ...

► **Une voix.**- An nach een!

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- ... vu grouse versus kleng Geschäfte. Den Här Bettel huet gëschter probéiert, eis ze erklären, firwat dass

grouss international Konzern oder grouss Konzern däerfen op hunn a kleng Geschäfte net. En huet erkläert, de sanitären Ofstand wier op der grénger Wiss méi liicht ze bewerkstelligen. Och dat ass Brach. Ech lueden den Här Bettel an, bei de Schéine Stär ze kommen, elo haut de Mëtten, a sech do d'Situatioun unzucken. Wann dat déi sanitär Ofstänn sinn, déi mer wëllen hunn, si mer um falsche Wee. Et gétt keng Ursach, firwat dass kleng Betriber mat enger begrenzter Zuel vu Leit dobannen a mat enger Schlaang virun der Dier net kënten opmaachen. An ech rufen d'Regierung expressis verbis dozou op, dass ze maachen, och fir d'Suite vum Lockdown erofzesetzen.

(**Interruption**)

Mir deelen der CSV hir Befierchtung, dass mer virun där schlëmmster Wirtschaftskris stinn zanter dem Zweete Weltkrich.

(**Interruption**)

A jo, mir brauche Solidaritéit, mir brauche konstruktiv Zesummenaarbecht iwwer all Parteien ewech. Mee dat ass kee Blankoscheck fir dës Regierung, déi nach laang net alles richtig mécht. Mir als Opposition sinn do, fir de Fanger an d'Wonn ze leeën. A mir wäerten dass och weider maachen, ouni e Blat virun de Mond ze huelen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Une autre voix.**- Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Reding. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. De Monopol, fir kee Blat virun de Mond ze huelen, huet keng Partei heibannen. An duerfir wëll ech och kee Blat virun de Mond huelen, mee hei e puer Saachen zu deem Projet soen, mat deem mer befaasst sinn, deen a groussen Zich zwee Voleten huet, déi zwar enk matenee verbundene sinn, déi awer vun hirer Natur hier an aus verschidden aneren Hisiichten komplett verschide sinn. Engersäits en Emprunt vun dräi Milliarden Euro, deen de Staat muss huelen, fir souwuel déi aktuell Noutmesurë géigenzefinanzéieren wéi awer och fir d'Lach duerch aktuell feelend oder ausfalend Steuerrecettë kuerzfristig ze decken. An op där anerer Säit hu mer et hei mat Staatsgarantien an Héicht vun 2,5 Milliarden ze dinn, fir Banken ze incitéieren, d'Entreprisë mat Suen ze versuergen, also eng Kreditausfallgarantie an Héicht vu 85 % fir d'Banken.

Ass den Emprunt also eng Zort Noutmesur, déi direkt mat den Auswierkungen vun der Coronakris op d'Économie ze dinn huet, esou ass d'Staatsgarantie schonns en Deel Relanceprogramm, deen iwwert déi direkt Noutmesuren erausgeet. An ech gi spéider dorop an. Well mer mat där doter Zort an der technescher Émsetzung vun deem Relanceprogramm awer eis Schwierigkeeten hunn, hu mer och e Vote séparé gefrot. De Kollegen, déi pour appui et méiglech gemaach hunn, sief heimadder och Merci gesot.

Ech wëllt awer ufänke mam Emprunt, dee wichtig ass, fir eebenen all déi Noutmesurë vun der Regierung géigenzefinanzéieren, also wéi de Chômage partiel, wéi de Congé pour raisons familiales, wéi all déi direkt an indirekt, also remboursabel Aidë fir Entrepreneuren an Independanten. All dës bis elo geholle Mesurë kaschten zesumme bal ronn zwou Milliarden Euro. An dobäi wësse mer, dass immens vill am Moment scho realiséiert Ausgaben, zum Beispill am Santébsäit, iwwerhaupt nach net matagerechent sinn an dass d'Rechnung also nach net fäerdeg ass.

A gläichzäiteg wësse mer awer och, dass duerch Decisiounen, och richteg Decisiounen vun der Regierung d'Steuerrecetten net méi an deem Mooss erakommen, wéi dat virdrun de Fall war, souwuel direkt Steiere wéi awer och indirekt Steieren iwwert d'TVA, well de Konsum massiv erofgaangen ass, soudatt dësen Emprunt net nëmmen iwwerliewenswichtig fir eist Land ass, mee mer wëssen och elo schonn, dass e bäi Wäitem warscheinlech net wäert duergoen, fir dat Lach ze schléissen, dass dës Kris an déi öffentlech Finanzen schléit.

Also kuerz gesot, deen Emprunt ass ganz wichtig a mir wäerten en als Lénk och matstëmmen.

Méi komplizéiert gesäit d'Saach allerdéngs bei de Staatsgarantien aus. An ech wëll hei betounen, dass mer mam Prinzip vun de Staatsgarantien duerchaus averstane sinn, wa se da cibléiert an orientéiert agesat ginn, wa se en Element vun enger gestalterescher Wirtschaftspolitik sinn Jo, mir hunn och kee Problem domadder, wa se eng Noutmesur wieren, fir de Betriber hir Liquiditéitsproblemer an der Kris opzefänken.

Mee hei hu mer et awer nach mat eppes aneschtens ze dinn. Et ass eeben en Deel vun enger Postcorona-Relancestrategie. An do muss ech lech soen, dass déi Ingredienten, déi d'Regierung hei proposéiert, eis awer ferm un dat erënneren, un déi Ingredienten, déi d'Regierung och schonn 2009 respektiv 2012 proposéiert huet, fir aus der Kris erauszekommen, an déi net vill Guddes versprochen, nämlech déi eesäiteg Stimuléierung vun der Offer. Duerfir ass et interessant, dass Gesetz dann awer emol am Detail ze kucken.

Éischtens, wie kënnt dann a Fro fir esou eng Staatsgarantie? Am Gesetz steet, réservé aux „entreprises en difficulté financière temporaire suite à la pandémie du Covid-19“. Dat ass, dass muss, mengen ech, jiddwereen zouginn, eng ganz vag Definitioun, déi wuel all Entreprise iergendwéi erfüllt. Esou zimmlech all Entreprise huet hei am Land duerch de Lockdown entweder manner Recetten oder méi Dépense gehat. A virun allem och: Wie soll dass da kontrolléieren? Also, de Champ d'application vun dësem Gesetz ass immens wäit.

Zweetens, et ginn awer keng Krittären, wat d'Entrepreneuren dierfe mat dëse Staatsgarantie maachen, well dee Prët ass net just limitéiert, fir temporaire Liquiditéitsproblemer ze iwwerbrécken, wéi dass an aneren europäesche Länner de Fall ass, wou och Staatsgarantie spillen. An als Lénk kéinte mer och domadder liewen, wann d'Entrepreneuren dës Sue géife benotzen, fir produktiv Investitiounen an d'Realeconomie ze maachen. Mee dësen Text gesäit keng esou Konditiounen vir, wat mat dëse Sue geschéien dierf a wat net.

Well, wéi ass et da mat Scholderstrukturierungen, also, wann Entrepreneuren op d'Iddi kommen, en eemoleg deiere Kreditt mat héijem Zënssaz eventuell duerch eng Staatsgarantie mat méi niddregen Zënssätz auszetauschen?

Wéi gesäit et aus mat der Gewënnausschëddung an Aktionären? Missten déi net och encadréiert sinn?

Wéi ass et mam Réckkaf vun Aktien?

Wéi ass et mat Bonie fir Manager, wéi dass am Ausland ganz kloer deelweis verbueden ass an an de legislativen Texten steet, dass dass net dierf geschéien mat Staatsgarantien, mat de sogenannte „Parachute-doréen“, wéi mer se aus deene vergaangenen zéng Joer kennen?

A wéi ass et mat Investissementen vun Entrepreneuren, déi zwar zu Lëtzebuerg hire Sëtz hunn, am Ausland? An do ass gesot ginn, wéi ech déi Fro opgeworf hunn an der Finanzkommissioun, dass dass net mat europäeschem Recht vereinbar wier. An duerfir hunn ech net schlecht gestaunt, dass Eisträich, déi jo och Staatsgarantien un hir Entrepreneuren erausginn, dass explizit am Gesetzestext drastooken hunn, dass nämlech déi Staatsgarantie just fir Investissementen kënnen benotzt ginn, déi an Eisträich stattfanne respektiv um Territoire vun der EU, mee ausgeschloss sinn Investissementen zum Beispill an Asien.

An d'Fro, déi sech jo och nach stellt, drëtten, dass ass, dass mat deem heiten Text, och am Géigesaz zu anere Länner, keng Oplage bestinn a Saachen Aarbechtsplazen, obwuel dass jo awer eigentlech den Haaptgedanke misst sinn an dëser Kris an an dësem gesamtwirtschaftleche Kontext. Sou ass et zum Beispill duerchaus méiglech, dass Entrepreneuren dës mat dëse Staatsgarantie kënnen ëmstrukturéieren a massiv Leit entloossen. Dass ass net auszuschléissen! An anere Länner ass dass auszuschléissen!

A véiertens: Dass zentraalt Element vun der Mise en œuvre vun dësem Gesetz si Konventiounen tëschent dem Staat an deene Banken, déi hei matmaachen. Do hu mer héieren, dass déi Konventiounen amgaang wieren, negociéiert ze ginn. A mir hunn och an der Kommissioun versprochen kritt, dass mer déi herno zougestallt kriterien. Mee et muss ee sech awer d'Fro stellen, wéi et méiglech ass, dass mir als Chamber iwwer esou e wichtigen Text, deen esou eng grouss finanzpolitesch Envergure huet, decidéieren, ouni dass déi Konventiounen iwwerhaupt virleien. Well et stellt sech jo d'Fro: Mécht de Staat dann de Banken iwwerhaupt via Konventiounen iergendwelche Virgaben? A wa jo, wéi eng sinn dass dann? Wéi déi, wéi se zum Beispill d'Demanden anzuschätzen hunn an op wat d'Banken oppasse müssen? Wéi eng Tauxe se dierfen applizéieren?

Och hei hu mer elo gesot kritt vum honorabelen Här Rapporteur, dass d'Tauxe warscheinlech tëschent 2 % an 3 % leien. Och déi sinn am Ausland kloer encadréiert! Eng Bank dierf net méi wéi 1 % froen! Sou ass et an Eisträich gereegelt, wa se op eng Staatsgarantie zréckgräift. Firwat ass dass dann net och zu Lëtzebuerg esou de Fall?

An do muss ech soen: „Dass hunn ech schonn interessant fonnt am Här Mosar senger ganz emouvanten Prestatioun hei, dass den Här Mosar sech opreegt, dass de Staat sech erdreist, ...



(Interruption)

... fir Zënsen ze froe fir eng Staatsgarantie, a gläichzäiteg - a gläichzäiteg! - awer net freet, datt d'Banken e kloren Encadrement missten hunn!" An do sinn ech éischter der Meenung, datt de Staat, dee schonn esou vill Suen zur Verfügung stellt, och éischter eppes muss dovunner hu wéi privat Banken!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Baum, erlaabt Der, datt den Här Mosar lech eng Fro stellt?

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Awer selbstverständlech.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Här Baum, Dir hutt mer zwar gutt nogelauschtert, mee net gutt genuch. Ech hunn net d'Zëse kritiséiert, au contraire. Ech hunn extra gesot, datt dat total ... Ech hunn déi Fraisen, déi do en compte gesat ginn, Dir wësst, niewent den Zëse vun 2 % bis 3 % gëtt et 0,2 %, 0,5 %, dat kann herno verdeubelt ginn, dat hunn ech kritiséiert, net d'Zësen!

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Dann huelen ech meng Kritik un lech natierlech an deem dote Sënn zrëck. Et bleift awer esou, datt mir mengen, datt den Zënssaz, deen d'Banke froen, och ganz kloer misst definiert sinn.

An da komme mer zur Essenz oder zur Quintessenz vum Text. Wat hei geschitt, ass eng Délégation de pouvoir vun der Regierung un d'Banken. Et sinn d'Banken, déi mat hire Clienten zesumme kucken, wéi d'Staatsgarantie kënnen agesat ginn, an dat ouni gréisser gesamtwirtschaftlech Konditiounen, déi ech virdru probéiert hunn ze ernimmen.

Mir kënnen verstoen, datt de Finanz- a Wirtschaftsministère net iwwert déi personell Ressourcë verfüügt, fir all Prêt, all Dossier am Detail kënnen ze kucken, net an deem Mooss wéi d'Banken, déi hir Clientë kennen, obwuel een awer do och soe muss: Wéi ass dat da mat De-minimis-Aiden? Do ass et jo awer de Wirtschaftsministère, deen Dausenden an Dausende vun Dossiere kontrolléiert. Deene Kleng kucke mer op d'Fangeren, bei deene Grousse kucke mer duerch d'Fangeren!

Mee virun allem: All Dossier, an dovunner si mir awer fest iwwerzeegt, all Dossier ab engem gewëssene Montant, sief dat 1 Millioun, 5 Milliounen, 10 Milliounen, iwwert de Montant kann ee sécherlech nach diskutéieren, all Dossier ab engem bestëmmte Montant misst eiser Meenung no vum Finanz- respektiv vum Wirtschaftsministère iwwerpréift ginn, well do spille jo eminent wichteg, deelweis industriepolitesch Enjeue mat. Well et kann dach net sinn, datt mer zum Beispill enger ArcelorMittal eng Staatsgarantie ginn, fir datt déi dann erëm ee Schrottbetrieb an Asien opkeeft, woumat mer dann iwwert d'europäesch Reegelen eventuell gezwonge sinn, e Betrib zu Lëtzebuerg zouemaachen! Dat kann dach net sinn! An do muss de Finanz- a Wirtschaftsministère seng Responsabilitéit huelen.

Här President, zum Schluss: Dës Konstruktioun vu Staatsgarantie ass eng duerch an duerch liberal. Se ass u quasi keng Konditiounen gebonnen, weeder wat d'Entreprise domadder maachen nach wou a wéi se investéieren. Se ass och keng Noutmesure, well se beschränkt sech net op d'Liquiditéitsenkpass duerch d'Coronakris. Mee si ass Deel vun engem duerch an duerch liberale Relanceprogramm, wéi mer en aus de leschte Jore kennen, nämlech andeems schonn nees d'Offer, just d'Offer, mat Liquiditéitssprëtze stimuléiert gëtt.

An d'Suitten dovunner huet grad den Här Reding eis schonn ugekënnegt, well d'Suitten dovunner sinn, datt de Staat wannechgelift an Zukunft erëm eng Kéier ze spueren huet. D'Suitten dovunner sinn déi Austeritéit, déi mer am Ufank vun deem Joerhonnert, vun deem Joerzénge kennt hunn, eng Politik, déi erweisenmoossen an deene leschten zéng Joer europawäit net funktionéiert huet.

Här President, als Lénk fuerdere mir eng Relance vun der Ekonomie iwwert d'Nofro, iwwert d'Erhéijung vun der Kaffkraaft. An do spillen Elementer wéi Mindestloun mat, wéi eng Steierreform, déi wierklech déi kleng a mëttel Salairen entlaascht a géigefinanzéiert iwwer grouss Revenuen a Fortunen. Mir brauchen zu Lëtzebuerg och eng Mietendecklung, eng Emverdeelung vun deem gesellschaftleche Räichtum, fir eeben déi Nofro an der Gesellschaft kënnen ze stimuléieren, déi dann och der Wirtschaft zeguttkënn.

Duerfir, Här President, stëmme mer den Emprunt mat a wäerten eis bei der technescher Emsetzung vun der Staatsgarantie enthalen, well se net gutt ëmgesat ginn ass, well se net déi néideg Krittären a Konditiounen erfüllt.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum. Leschten ageschriwwene

Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, all Entreprise, déi virum État d'urgence viabel war, kann eng Demande de prêt maachen, déi mat deemem Projet de loi vum Staat garantéiert gëtt. Entreprises, déi a finanzielle Schwierigkeete sinn, kënnen tëschent dem 18. Mäerz an dem 31. Dezember dëst Joer nei Prête bewëllegt kréien, déi vum Staat garantéiert ginn. D'Zil ass et, d'Aarbechtsplazen an déi ekonomesch Aktivitéit vun de jeeweiligen Entrepreneuren ënnert de bekannte Konditiounen nämlech ze garantéieren. Et ass e komplementaart Instrument, wat applizéiert ka ginn, wann d'Entreprise hire Besoinen u Fonds de roulement net méi nokomme kënnen, domat se awer eng gewësse Méiglechkeet hunn, dem Impakt vum Coronavirus Meeschter ze ginn.

D'Relance vun där Lëtzebuerger Economie sollt net erschwéiert ginn an de potenziellen zukünftige Wuesstum sollt net direkt schonn Affer vun der Kris ginn. Dozou kënnen déi Garantie vun 2,5 Milliarde bäidroen.

Och an eisen Nopeschlänner hu sech déi jeeweileg Politiker mat de vum Staat garantéierten, bewëllegte Prête beschäftegt. A Frankräich ass den Entrepreneuren dës Garantie och versprochen ginn. Leider ass d'Emsetzung vun deem Projet dach e bësse manner erfollegräich, wéi ee sech erhofft hat. Vill Entrepreneuren hunn hir Prêt-Demande refuséiert kritt.

Den administrativen Opwand ass och e grouss Problem an eisen Nopeschlänner. Wichteg ass et also hei, datt an der Richtlinn, an de Konventionen, déi mat de Banke verhandelt ginn, och keen neien administrative Waasserkapp entsteet, well et eebe grad do wär, wou d'Entrepreneuren e weidere Stolpersteen op hirem Wee an d'Relance kéinte geluecht kréien.

Et si vill Ressourcen néideg, fir dës Demanden ze traitéieren. An ech mengen, mir hunn et beim Chômage partiel gesinn, datt dee Ramp-up vun neie Ressourcen net ëmmer ouni Hick geet. An ech hoffen, datt dat bei deemem Projet dann e bësse besser geet, wéi dat bei aneren Aiden, déi scho méi laang elo lafen an déi sech och mëttlerweile etabléiert hunn, da fonctionéiert.

Eis belsch Nopere wëlle mat hirem Bazooka-System Prête garantéieren. Eleng schonn den Numm, dee se gewielt hunn, weist, wéi grav d'Situatioun ass a firwat et dach aussergewöhnlech Moossname sinn, déi hei getraff ginn.

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.**- Dat ass den Här Scholz mat der Bazooka.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Déi Belsch hunn och vun där Bazooka geschwat, Här Bauler. Da si mer schonn tëschent zwee Nopeschlänner, déi vu Bazooka schwätzen. Dat fänkt zwar elo un, mer e bësse Suergen ze maachen.

► **Une voix.**- Dir musst just de Kapp anzéien.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Jo, ech weess net, ob de Kapp anzéien duergeet. Ech schafen op alle Fall drun, datt meng d'Zilsurface ëmmer méi kleng gëtt an deene leschten Deeg.

(Hilarité et coups de cloche de la présidence)

Am Bezuch op d'Exekutioun vun der Prozedur wënsche mer eis als Piraten also, datt e präzise Suivi ka gemaach ginn an datt déi Präten och séier an einfach kënnen octroyéiert ginn.

Här President, Liquiditéitsproblemer vun de Lëtzebuerger Entrepreneuren solle kënnen gedeckt ginn. Dovunner beträff sinn all déi Betriber, déi temporaire a Schwierigkeete sinn. De Problem sinn natierlech déi Betriber, déi och scho virdrun deelweis a Schwierigkeete waren. An ech mengen, datt dat, och wann et aus europäesche Reegelen ervirgeet, dach e Problem ass, datt mer hei vläicht verschiddenen Entrepreneuren grad an enger Kris nach eng Kéier dee leschte Stouss iwwert den Ofgrond ewech ginn, andeem mer se vun enger ganzer Rëtsch vu Mesuren ecartéieren.

Entrepreneuren, déi mat verschiddenen Obligatiounen a Verzuch waren, déi sech vläicht ënner normale wirtschaftleche Konditiounen erkräbelen. Och deen Impakt muss mer no der Kris moossen a kucken, fir deen esou gutt et geet ofzufrieden. Dat wäert haaptsächlech en Impakt op de Fonds pour l'emploi hunn, mee dat wäert awer och en Impakt hunn op d'Volontéit vu Leit, fir eng nei Aktivitéit vläicht och ze lancéieren.

Virun allem, mengen ech, ass et wichteg, hei unzemierken, datt eng ganz Rëtsch vun de Betriber net fräiwëlleg opgehalen hu mat hirer Aktivitéit an net fräiwëlleg gesot hunn: „Mir kënnen elo net schaffen.“ Et war e richtegen Akt vun der Regierung, fir hinnen ze soen: „Dir musst zoumaachen!“ Mee netdestotz war et en Acte volontaire vun der Regierung, fir de

Betriber ze verbidden, verschidden Aktivitéiten ze exekutéieren, an deementsprechend gesinn ech och d'Responsabilitéit bei genau där Regierung, fir dann derfir ze suergen, datt déi Betriber weider kënnen existéieren. Ob dat Indépendanté sinn oder grouss Betriber, mécht u sech keen Ënnerscheed. Um Enn vum Dag sollt jiddwereen, dee vu Mesurë getraff ass, och indemnifiéiert ginn.

Et ass u sech gutt, datt mer elo hei net scho CETA oder änlech Traitéen ënnerschrifwen hunn a schonn applizéieren, well do kéint ee sech jo d'Fro stellen, ob dann déi Klausel vum Investitiounsschutz och elo geltend géife gemaach ginn an enger sanitärer Kris. Wa mir als Staat engem Betrib verbidden ze schaffen, kéint dat jee no Schidsgericht dach hypothetesch esou eng Klausel lancéieren. Ech mengen, datt dës Kris hei weist, wéi wichteg et ass, datt mer eis als Staat de Spillraum loosse, fir esou Mesuren ze huelen, ouni de Risiko anzegoen, herno op Schuedenersatz nach zousätzlech verklot ze ginn. Ech mengen, datt dat eppes ass, wat mer definitiv, och wa mer nach eng Kéier iwwert déi international Traités de libre échange diskutéieren, missten uschwätzen.

Déi 2,5 Milliarde Garantien, domadder, muss ech soen, hunn ech kee gréisssere Problem. Et sinn halt Garantien. Mir wëssen nach net, wat d'Stee schlussendlech wäert kaschten. Et ka sinn, datt, wann tatsächlech alles géif gutt goen an enger super Welt, esou wéi dat no 2018 de Fall war, de Staat bei dëser Operatioun, bei dësen ...

(Interruption)

2,8, pardon!

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.**- 2008.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- ... 2008, pardon, 2008, jo d'Joer!

... no der Kris, datt mer e Boni maachen. Et ka sinn, datt dës Operatioun hei herno e positiven Effekt op d'Staatskeess kéint hunn, wann all d'Präten zrëckbezuelt ginn, wann all d'Fraise bezuelt goufen a wa mer keng Ausfäll ze bekloen hunn. Dat wär den Dramzenario. Kënnt et dozou? Mir wëssen et net.

Haut si mir Entrepreneur. Haut lancéiere mir eis an en onbekannte Risiko vun 2,5 Milliarde Garantien, wou mer net wëssen, ob herno 2,5 Milliarden ausbezuelt musse ginn, ob mer op null erauskommen oder ob mer vläicht e klengen Excedent generéieren.

D'Alexandra Ballmann, d'Presidentin vum Jonken Handwerk, huet an engem rezenten Artikel esou schéi gesot: „«Trau dech, maach dech selbststänneg!» krut an dëser Zäit eng ganz nei Bedeutung, well et muss ee wierklech an Zukunft Courage hunn, wann ee weess, datt, wann et haart op haart kënnt, een eleng do-steet.“ An am nämmlechten Nomëtte vum Dag, wou et dat publizéiert huet, huet de Vizepremier Dan Kersch nach eemol nogeluecht an dës Ausso quasi confirméiert mat der Ausso: „Wann en Indépendant Chômage partiel wëllt, da muss en ofhalen, Indépendant ze sinn.“

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Ech muss soen, dëst dierf net de Message sinn, dee mer dobausse vermëttelen. An ech si frou, datt dës Projet, dee mer elo grad diskutéieren, an déi aner Richtung geet! Et muss ee sech awer d'Fro stellen, wéi et do da mat der Kohärenz vun den Aussoen ass. Et dierf net sinn, datt aus engem „Trau dech!“, dee mer déi lescht Joren ëmmer erëm lancéiert hunn, en „Trau dech net!“ direkt aus dem Mond vun engem Vizepremier gëtt. Esou kann een den Dram vun der Start-upnation Lëtzebuerg nämlech direkt vergiessen.

D'Piraten si sech bewosst, datt een iergendwou muss ufänke mat Entscheidungen an datt een och Limite muss setzen. A vu datt mer net mat all de Limite ganz averstane sinn, déi am Projet de loi hei geholl goufen, hu mer dann och en Amendement deposéiert, deen ech dem President ginn.

Amendement 2

L'article 3 paragraphe (3) est libellé comme suit :

« (3) Le montant maximal des prêts éligibles à la garantie pourra représenter jusqu'à 25 % du chiffre d'affaires de l'entreprise bénéficiaire constaté sur l'année 2019, ou, à défaut, la dernière année disponible.

Pour les jeunes entreprises innovantes, telles que définies à l'article 8 de la loi modifiée du 17 mai 2017 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation, le montant maximal des prêts éligibles ne peut dépasser le double du coût salarial annuel total de l'entreprise bénéficiaire, y inclus les charges sociales ainsi que le coût du personnel travaillant sur le site de l'entreprise mais considéré officiellement comme des sous-traitants, pour l'exercice fiscal 2018 ou pour le dernier exercice fiscal disponible.

Dans le cas des entreprises créées après le 31 décembre 2018, le montant maximal du solde restant dû du crédit ne doit pas dépasser le coût salarial annuel estimé pour les deux premières années d'activité. »

Commentaire de l'amendement

L'option de pouvoir estimer le coût salarial est élargie aux jeunes entreprises innovantes qui existent moins que 2 ans afin de permettre aux jeunes start-ups en phase de développement de pouvoir faire valoir les coûts prévus dans leur business plan au lieu de coûts moins élevés.

En conséquence, l'année de référence est portée à l'année 2018 pour les cas où des comptes annuels pour un exercice fiscal plus récent ne seraient pas disponibles.

(s.) Sven Clement, Marc Goergen, Martine Hansen, Laurent Mosar, Gilles Roth.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- An deem Amendement fuerdere mer, datt au contraire vun deem, wat am Gesetz steet, nei gegrennte „jeunes entreprises innovantes“ - an ech si mer bewosst, domadder gi mer manner wäit wéi d'Amendement vun der CSV, déi dat op all jonk Entreprisë wëllen ausdeenen, wat ech och ganz sympathesch fannen, mee mir hu bewosst de Choix gemaach, hei vun de „jeunes entreprises innovantes“ ze schwätzen, Start-uppen, Firmen, déi e séiere Wuesstum wëllen hileeën -, datt déi net nëmmen déi éischt fënnef Méint - also d'Firmen, déi dëst Joer gegrennt goufen -, kënnen hire Coût salarial estiméieren, mee datt all Firma, all jeune Entreprise innovante, déi dat d'lescht Joer gemaach huet, dat och kéint benotzen als Grondlag, fir eeben hir Präten ze froen.

An da komme mer zu deem leidege Punkt vum Prêt. Et dierf een net vergiessen, dëst Gesetz geet net nëmmen ëm Staatsgarantien, dëst Gesetz geet och ëm en neien Emprunt, deen d'Chamber der Regierung autoriséiert. Dat heescht net, datt déi Suen, déi mer haut autoriséieren, muer geholl ginn. Dat ass eppes, wat mantra-aarteg a leschten Autorisatiounen ëmmer widderholl gouf. Mir wëssen, datt déi dräi Milliarden, déi mer haut stëmmen, tatsächlech gebraucht ginn. Et muss ee sech awer d'Fro stellen, wien opmierksam de Budget 2020 gelies huet, dee weess, datt de Staat haut schonn d'Recht huet, 3,2 Milliarden, wéi de Finanzminister och an der Kommissioun gesot huet, ze zéien.

Dat heescht, wat mer haut maachen, ass, mir ginn der Regierung d'Recht, net 3,2 Milliarden zéien ze goen, net 3 Milliarden zéien ze goen, wéi d'Gesetz géif undeiten, mee insgesamt, ouni nach eng Kéier an d'Chamber ze kommen, 6,2 Milliarden. A wann ech dann héieren, datt de Claude Haagen ugedeit huet hei op der Tribün, datt ee 6 Milliarde jo kéint zéien, ouni d'Stabilitétskrittäre vu Bréissel a Fro ze stellen, da kënnt mer déi Zesummesetzung vu 6,2 Milliarden, déi mer elo autoriséieren, wa mer dat heite stëmmen, dach e bësse spuenesch vir. Et ass nämlech komescherweis dee Montant, deen de Claude Haagen virdrun hei ugeschwat huet!

War dat e freudsche Versprieche? Ech kann lech et net soen.

Ech mengen, de Claude Haagen wëllt eppes soen, Här President. Ech géif em dat dann och zougestoen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Haagen wëllt lech eng Fro stellen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Jo, merci, Här President. Dat war kee freudsche Versprieche. Éischtens hunn ech net déi 60 % a Fro gestallt vu Bréissel, wéi Der se nennt, mee ech hunn drop higewise mat 30 %, 30 % ...


► **M. Sven Clement (Piraten).**- Ech hunn elo net vu 60 % geschwat.

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Pardon, Dir hutt elo grad Bréissel ernimmt. 30 % stinn am Koalitionsaccord, datt bis 6 Milliounen kéinte gezu ginn, datt een dann déi Krittäre vis-à-vis vum Regierungssaccord nach ëmmer géif respektéieren. Dat hunn ech dozou gesot.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Clement.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Ech aktéieren déi Ausso, datt de Regierungssaccord virgesäit, nach kënnen bis zu 6 Milliarden ze léinen, an datt haut d'Chamber soll genau dat autoriséieren. Dat ass dat, wat mer haut maachen.

Ech soen dofir och: „Mir wäerten d'Garantien op alle Fall matstëmmen, well dat den Entrepri-



sen hëlleft. Mir wäerten awer, wat de Prêt ugeet, dergéint stëmmen, well mer der Mee-nung sinn, datt de Staat haut d'Recht huet, 3,2 Milliarden ze zéien. An als Éischt soll e seng Re-serven zéien, éier en da mat neie Prête bei d'Chamber kënn't."

Ech soen lech Merci.

(Interruption)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci vill-mools, Här Clement.

An elo huet d'Regierung d'Wuert. Fir d'éischt den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

Prises de position du Gouvernement

► **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*.- Merci, Här President. Léif Deputéiert, ech si frou, dass mer dësen Debat hei hunn. Ech si frou, dass d'Regierung gechallengeg gëtt bei deene Mesuren hei an dass mer mat dësem Gesetz an d'Chamber komm sinn, fir dësen Debat ze féieren. Och wann et heiansdo e bësse painful ass, verschidde Saachen, déi ee gesot kritt, ass et awer wichteg, dass een all Son de cloche hei kann héieren.

Mir hunn haut eng Diskussioun iwwert dëst Gesetz, wat e weidere Bausteen ass an engem Stabiliséierungspak, deen d'Regierung ganz schnell presentéiert huet. Mir hu mat als eent vun deenen éischte Länner an Europa op esou eng staark a resolutt Aart a Weis op dës Kris reagéiert. Mir hunn den 20. Mäerz annon-céiert, dass mer géife mat dësem Stabiliséie-rungspak kommen. Et ass e Pak, deen 8,8 Mil-liarden Euro mobiliséiert, dat si 15 % vun eisem PIB. Et si weineg Länner, déi esou vill an esou schnell Moyene mobiliséiert hunn am Kampf géint d'Coronaviruskris.

Mir hunn de 25. Mäerz dunn dëse Stabiliséie-rungspak presentéiert. Dat sinn haut am Ganze 36 Mesuren, déi scho vu verschiddene Riedner hei beschriwwé gi sinn. Am Laf vun der Zäit sinn der 16 derbäikomm. Tëschent dem 25. Mäerz an dem haitegen Dag si 16 Mesurë bei dee Pak komm. Dat weist, dass dat heite kee figéierte Rettungspak ass, kee figéierte Stabili-séierungspak ass, dass mer gewëllt sinn, hei no-besseren, an dass mer dat och maachen, wann dat néideg ass. Et huet sech mat der wirt-schaftlecher Kris e bëssen änlech wéi mat der sanitärer Kris: Mir mussen e konstante Moni-toring maachen. Mir mussen d'Situatioun zu all Zäit evaluéieren. Mir musse kucken, wat um Terrain geschitt. A gleeft mer, mir maachen dat!

Här Mosar, Dir sidd net deen Eenzeg, deen am enke Kontakt ass mat de Betriber. Ech schwätzen all Dag mat Betriber. Ech gi bei se, wou dat méiglech ass. Ech schwätze mat de Federatiounen. Ech schwätzen och mat de Ge-werkschaften. An ech weess, wéi schrecklech d'Lag ass. Ech weess, wéi brutal dës Kris aschléit an alle Wirtschaftssectoren, a ver-schiddenen extreem brutal. Do ass de Manque vum Chiffre d'affaires, d'Ewechfale vum Chiffre d'affaires total. Dat sinn déi, déi hu missen zou-gemaach ginn an der Covid-19-Kris. Bei ane-ren, déi nach kënnen weiderschaffen, ass et och schlëmm. Do ass et tëschent 40 %, 50 %, 60 %. E puer weineg Betriber schaffen normal weider a maache souguer besser Geschäfte, wou den Här Margue och elo d'éinescht e Bei-spill genannt huet.

(Interruption)

Mee déi allermeescht si ganz, ganz schlecht drun. An dofir wäerte mer och weiderhin an deenen nächste Wochen a Méint do upassen, wou muss ugepasst ginn, do nobesseren, wou muss nogebessert ginn. An dat maache mer och. Dat huet de Premier gëschter schonn an-nonciéiert an ech wäert och duerno nach ganz kuerz drop zrëckkommen.

Dëst Gesetz setzt op d'Bankeplaz. Dat huet de Rapporteur ganz gutt gesot a senger Ried, an ech soen em Merci fir säi wéi ëmmer exhaus-tiven a ganz exzellente Rapport. Et setzt op d'Bankeplaz, op eis staark kapitaliséiert Banken. Et knäppt do un, wou déi Moratoires ophalen, déi 7.000 Moratoires, déi scho vun de Banken accordéiert goufen un d'Betriber hei zu Lëtze-buerg.

De Pierre Gramegna geet duerno am Detail, mengen ech, nach op déi Mesuren an. Mee et ass hei am Fong en Instrument, wat déi mëttel-a laangfristeg Besoine vun de Betriber éischer ofdeckt wéi déi kuerzfristeg. Dat hei si Prëten, déi kënnen bis zu sechs Joer laang lafen, dat heescht, hei si mer am Fong éischer schonn an enger Optik Relance e bësse méi à long terme, wéi bei deene Mesuren, déi mer bis elo an enger éischer Phas vum Stabiliséierungspak geholl hunn.

Wat extreem wichteg ass, dat ass, dass een dëse Pak als e Ganzt muss gesinn! Et ass eng Ge-schierkëscht, déi mer hei opgesat hunn. Ver-schidde Betriber brauchen dës Garantie guer net, déi mer haut hei adoptéieren. Bei deene geet et duer mat der Direkthëllef vu 5.000 Euro a vläicht brauche se nach eng Avance rembour-sable vu bis zu 500.000 Euro, déi effektiv jo ouni Garantie, ouni perséinlech Garantie kann direkt vum Staat accordéiert ginn. Dat heescht, dat muss een hei wierklech au cas par cas kucken. Déi Mesure hei ass fir Verschiddener, wéi gesot, net néideg, mee fir anerer ass se eventuell im-mens wichteg an enger Optik och vu Relance.

Fir lech eng Iddi ze gi mat e puer Chifferen, wou mer dru sinn an der Emsetzung vun dësem Stabiliséierungspak, géif ech lech hei gären e bëssen en Update ginn, wéi déi ver-schidde Mesurë sollicitéiert ginn.

De Chômage partiel, an ech hunn dat schonn e puermol gesot an ech wëll et nach eng Kéier widderhuelen, ass wierklech déi wichtegst Mesure am Kampf géint d'Wirtschaftskris, well et déi Mesure ass, déi et de Betriber erlaabt, hir Mataarbechter ze hale während dëser totaler Flaute, während dëser Kris.

An, Här Baum, wann Der sot, mir géifen hei en total liberale Plang fir de Sauvetage vun de Be-triiber maachen, da kann ech dat net esou stoe loos-sen am Moment! Dat ass falsch! An Dir liest jo och vill, wat am Ausland esou doruechter gemaach gëtt a wat geschitt. Wann et ee so-ziale Marqueur gëtt, wann et ee Marqueur gëtt fir eng sozial Maartwirtschaft, dann ass et de Chômage partiel! An deen hu mir hei an dee setze mir hei massiv an! An et ass deen, deen et de Betriber erlaabt, Aarbechtsplazen ze retten. An et ass deen och, deen et den Aarbechter er-laabt, en Akommes ze behale während dëser ex-ceptioneller Zäit.

Hei hunn d'Leit ëmmer nach en Akommes a si kënnen dem Enn vun der Kris relativ serein ent-géintkucken. Dat hu mir, dat hu ganz vill aner Länner net!

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*.- De Chômage partiel, do sinn um Stand haut 211.716 Salariéen - 211.716 Salariéen -, déi dovunner beträff sinn, déi dee geholl hunn. Dat sinn ...

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Fayot, erlaabt Der, datt den Här Baum lech eng Fro stellt?

► **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*.- Ech hätt gär, dass en dat duerno mécht, wannechgelift, wann ech fäerdeg sinn.

Dat sinn 11.063 Betriber, déi de Chômage par-tiel ugefrot hunn an déi en och accordéiert krut-en. Leschte Stand hu mer do 440 Milliounen Avancé bezuelt. Dat gëtt lech eng Iddi vun der Violenz, vun der Brutalitéit vun dëser Wirt-schaftskris.

Bei den Direkthëlfe, do hu mer déi 5.000 Euro fir d'Commerçanten an d'Handwierker. Do si 5.000 Demanden akzeptéiert ginn. Dat ass eng 25-Milliounen-Euro-Enveloppe, déi mer do mussen deblockéieren. Bei deenen Hëllef fir déi Onofhängeg vun 2.500 Euro, déi elo just online gaange sinn, do kommen och schonn déi éischt Demanden eran an déi ginn och schnell verschafft.

Bei den Avances remboursables, dat Instru-ment, wat mer hei virun zwou Wochen adop-téiert hunn, do ass et esou, dass 400 Deman-den erakomm sinn an déi 100 éischt ginn elo an deenen nächsten Deeg och do ausbezuel't.

Dat ass ee klengen État des lieux vun der éischer Phas vun der Emsetzung vun deem Stabiliséierungspak.

Et ass och scho gesot gi vu verschiddene Vir-riedner, an de Premier huet dat och gëschter annonciéiert: Mir hunn decidéiert, dass mer elo nei Aiden hei wäerten asetzen, déi direkt hël-lefen, Cash an d'Täsch, wat jo esou vill gefrot gëtt vu verschiddene Betriber, vu Federatiou-nen. Och do lauschtere mer no! Mir hunn dat verstanen, dass verschidde Betriber akut Liquiditéitsproblemer hunn, déi därmoosse schwaach op der Broscht sinn, dass se och hesitéieren, sech ze verschëlden. Do musse mer mat méi Direkthëlfe schaffen. An do, d'Simone Beissel huet et gesot, gi mer fir déi Betriber vun 0 bis 9 Mataarbechter nach eng Kéier 5.000 Euro Direkthëllef fräi. Fir déi e bësse méi grouss bis zu 20 Mataarbechter geet dat erop op 12.500 Euro. An och bei den Indepen-danten huele mer dat ënnert d'Lupp a kucken, wéi mer do kënnen nobesseren. Dat wäerte mer an deenen nächsten Deeg maachen an dat wäert och d'nächst Woch annonciéiert ginn.

Här President, ech wollt dann nach kuerz eppes zu deenen Amendementen soen, déi haut nach eng Kéier vun der CSV a vun de Piraten komm sinn. Dat sinn déi selwecht Amendementen iwwregens, mengen ech, wéi déi, déi an der

Kommissioun diskutéiert gi sinn uganks der Woch.

Zu deenen Entreprises, jonk Entreprises non in-novantes wëll ech soen, dass dat heiten, men-gen ech, net dat Haaptinstrument ass fir esou Entreprises. Fir déi Entreprisé sinn d'Avances remboursables vill méi interessant, vill méi attraktiv. Wéi gesot, do kënnen se bis zu 500.000 Euro geléint kréien ouni Garantie per-sonnelle, mat engem flexibele Remboursement no fréistens engem Joer, wou och gekuckt gëtt, dass déi Betriber à meilleure fortune mussen zrëckkomm sinn. Dat heescht, si ginn net er-stéckt mat engem Plan de remboursement, dee se net kënnen aushalen. Dat heescht, dat ass eng vill méi grouss Flexibilitéit, an ech denken, dass déi jonk, meeschtens kleng Betriber do besser ofgedeckt si mat där Mesure wéi mat dëser Garantie fir d'Banken.

Da kënnt nach derbäi, dass déi Betriber natier-lech och kënnen de Chômage partiel huelen, wa se Salariéen hunn. Si kënnen en plus eng Garantie kréie bei der SNCI mat engem Élé-ment d'aide, well den Taux méi niddreg ass op deene Prëten. A wéi gesot, si kënnen och eng Indemnitéit froen, wa se do eligibel sinn.

Zu de Startups wollt ech dem Här Clement zu sengem Amendement soen, dass een, mengen ech, awer net ka soen, dass mer näischt fir d'Startups maachen! Mir hunn d'Aiden eropge-schrauft fir d'Startups. Mir ginn elo op 70 % erop mat eisen Aiden-Instrumenten am Wirtschaftsministère, fir de Startups ze hëlfe-len, hire Businessplang ze realiséieren. Mir hunn e Concours lancéiert, StartupsVsCovid19, wou d'Stuppke kënnen hir Iddien, hir Kreativitéit bréngen, mat Iddien am Kampf géint de Virus. Dat ass e Concours, wou se kënnen eng Enve-loppe kréie vu bis zu 150.000 Euro. An natier-lech sinn d'Startups och eligibel, wa se Per-sonal hunn, fir Chômage partiel, fir Aiden, fir Aus-setzunge vun all méigleche Bezuelungen et ce-tera. Dat heescht, och do, mengen ech, kann een net soen, dass hei näischt gemaach gëtt.

Schlussendlech zu den Entreprises en difficulté. D'Entreprises en difficulté, jo, dat sinn déi, déi schonn ... Am Prinzip sinn déi ausgeschloss, déi scho virum 1. Januar 2020 a finanzielle Schwie-regkeete waren. De Krittär do ass, dass se méi wéi 50 % vun hirem Capital social verluer hunn oder, bei Eenzelpersonen, dass se en faillite sinn.

Gutt! Wann elo zum Beispill déi Betriber, déi vum Tram beträff sinn, vun den Aarbechte vum Tram, wann der do derbäi sinn, déi déi Krittä-ren nach net erfüllen, da soen ech: Firwat net? Firwat sollen déi net kënnen heivunner benefi-ciéieren? Da mussen d'Banken dat kucken au cas par cas, ob déi déi Kreditter, déi se gege-be benefalls kréien, kënnen rembourséieren, an da sinn déi natierlech tout à fait eligibel och fir dës Garantien. Ech mengen, dat ass net aus-geschloss, dat ass och bei deenen aneren Avancementen net ganz anesch.

Voilà! Ech soen lech alleguer Merci, dass Der dat Gesetz hei stëmmt. Ech mengen, et ass jo eng breet Zoustëmmung.

Ech géif och nach gär eng hallef Minutt vun dëser Tribün profitéieren, fir e bësse Reklam-m ze maachen. Mir hunn haut eng Onlineplatt-form lancéiert mam Wirtschaftsministère, déi heescht EPI-Covid19.lu. Dat ass eng Plattform, déi zesumme mat Luxinnovation, mat der Ekip vum wedo.lu vun der Fédération des Arti-sans lancéiert ginn ass, mat der Chambre de Commerce, der Fedil an der Chambre des Métiers an och der CLC, wou d'Leit kënnen hiert Material, Schutzmaterial drop pousten. Dat heescht, all déi, déi eppes produzéieren am Beräich vu Schutzmaterial, sief et Mondschutz, sief et Masques chirurgicaux, sief et Visièren, Écrans de protection en plastique, Schiertecher, Desinfectanten, déi kënnen dat dorobber pos-ten. Wéi gesot, dee Site, dee geet elo online. Do kënnen d'Gemengen, eenzel Persounen, Betriber kucke goen, wie produzéiert, an dann déi Leit uschreiwen an do kucken dann, fir mat deenen eng Transaktioun ze maachen. Ech mengen, dat ass e ganz utilet Instrument, wou ech lech och géif alleguer invitéieren, drop zrëckzegräifen. Dat heescht, dat fannt Der ënner www.epi-covid19.lu.

Voilà! Villmools merci!

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech hunn nach dräi Froen un lech, Här Fayot.

Fir d'éischt den Här Baum, dann den Här Clement an dann den Här Mosar.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Merci, Här President. Ech froen d'Wuert, well den Här Fayot mech direkt ugeschwat huet. An ech wëll dem Här Fayot soen, dee jo sécher net man-ner belies ass wéi ech, deen och duerfir zu Recht am Ufank vu senger Ausféierung gesot huet, datt dat hei, d'Staatsgarantie, en Deel vun engem Relanceprogramm ass, wou ech em

komplett Recht ginn, dass dat och meng Argu-mentatioun war.

Wou mer eis bis elo heibannen eens waren, dat sinn d'Krisemesuren, fir elo während dem Aus-namezoustand d'Économie opzefänken. Do si mer hei an der Chamber unanime domat d'accord gewiescht, datt all déi Mesuren, déi agefouert gi sinn, wéi de Chômage partiel, wéi de Congé pour raisons familiales, néideg, wich-teg a richtig sinn. An datt mer do och deelweis eisen Nopeschlänner wäit viraus sinn, dat stellt kee Mënsch a Fro.

Wouriwwer mer elo awer eng politesch Debatt brauchen, Här Wirtschaftsminister, dat ass, wéi dee Relanceprogramm ausgesäit. An do be-halen ech mir als Lénke vir ze soen: „Deen ass net encadréiert genuch an e riskéiert, dat selwecht ze maache wéi och schonn 2009.“

► Une voix.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Fayot.

► **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*.- Här President, dat do war keng Fro. Ech wëll just soen, de Relanceprogramm, deen huet nach net ugefaangen. Dat hei ass een Instru-ment, wat méi eng Finanzéierung à moyen terme, à moyen/long terme bréngt. Mee dat kann ee jo awer nach net als en Deel vun engem Stimuluspackage oder vun engem Re-lanceprogramm gesinn. Dat heescht, wannech-gelift, kommt, mir féieren déi Debatt, wa mer esou wäit sinn!

► Une voix.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Da wär et elo um Här Clement.

► **M. Sven Clement** (Piraten).- Merci, Här President. Merci och dem Minister nach eng Kéier fir seng Explikatiounen.

Ech wollt e just froen, wou en a menger Ried héieren hätt, datt ech behaapt hätt, mir géifen näischt fir d'Stuppke maachen. Ech hu kriti-séiert, datt deen heite Projet a mengen Aen net wäit genuch geet fir Startuppen. Ech ka mech awer net erënneren, a menger Ried gesot ze hunn, mir géifen näischt fir d'Stuppke maa-chen. Ech mengen, ech hunn och an der Kom-missioung gesot gehat, hei gesot gehat, datt mer eng ganz Rëtsch Saache maachen, datt dat hei complementaire ass. Duerfir huet mech déi Ausso awer e bëssen erstaunt. A vläicht hunn ech meng Ried selwer a schlechter Erën-nerung, mee da kann de Minister mech erhel-len.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Fayot.

► **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*.- Tant mieux! Dont acte! Also wann Der dat sot, da si mer jo all op där selwechter Linn.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech mengen, da kënnen mer direkt bei den Här Mosar goen.


► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, merci. Ech sinn och ganz frou iwwer eng Rei vun Äntwerte vum Här Fayot. Mir sinn eis och eens, datt déi Mesuren, déi mer bis elo hunn, nach net duer-ginn, datt nach muss eng Schëpp bäigeluucht ginn. Mir waarden dann och mat Spannung drop, wat an deenen nächsten Deeg nach zousätzlech Mesurë wäerte sinn, ganz beson-nesch fir d'Independantsen.

Dann awer e Wuert zu eisem Amendement. Dat zielt d'ailleurs och fir dem Här Clement säin Amendement, well se allen zwee an déi selwecht Stoussrichtung ginn. Ech mengen, datt do awer e bësselchen eng Konfusioun ass.

Et ass esou, Dir hutt am Projet de loi eigentlech eng ganz gutt Dispositioun dragesat, wou déi Entrepreisen, hei haaptsächlech d'Entreprises in-novatives, déi nom 1. Januar 2020 constituéiert gi sinn an déi déi normal Konditiounen net er-füllen, eigentlech profitéieren vun enger speziel-ler Dispositioun, déi seet, datt, fir kënnen an de Genoss vun deenen Aiden ze kommen, ech liesen lech et vir: « [...] le montant maximal du solde restant dû du crédit ne doit pas dépasser le coût salarial annuel estimé pour les deux pre-mières années d'activité. »

Eis Suggestioun, an ech mengen, dem Här Clement seng geet an déi selwecht Richtung, ass, fir de Benefiss vun där doter Derogatioun och op déi Entreprises auszedeeenen, déi säit dem 1. Januar 2019 bis den 31. Dezember 2019 constituéiert goufen. Well ech fannen et elo e bësse gelungen, wa mer do en Ënner-scheid maachen tëschent deem, deen eng En-treprise, wat weess ech, de 4. November constituéiert huet a gradesou an enger on-méiglecher Situatioun ass wéi deen, dee se den 3. Januar constituéiert huet. An duerfir hu mir gefrot, datt een einfach soll och déi Entreprisé mat eranhuelen, déi sech säit dem 1. Januar 2019 constituéiert hunn.

Do, wou en Ënnerscheid ass tëschent dem Här Clement an eis, ass, datt den Här Clement dat



wëllt fir déi Entreprise-innovantë reservéieren a mir et generell fir all Entreprisé wëllen opmaachen.

► **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*.- Jo, Här Mosar, mir haten déi Diskussioun schonn an der Kommissioun. Dir wësst, dass mer eis hei an engem europäesche Kader beweegen, dass mer eng Partie Definitionen hunn, deene mer net kënnen ..., déi eis imposéiert sinn am Kader vun esou engem Gesetz. An dat hei ass eng vun deenen. Dat heescht, ech gesinn elo hei, éierlech gesot, keng Marge de manoeuvre, fir méi wäit ze goen, wat d'Appreciatioun ass vun dem ..., wat den Test ass vum Chiffre d'affaires oder vun dem Debut vun der Année financière.

Wéi gesot, hei si mer an engem europäesche Kader. Dee musse mer respektéieren. An do sinn eis e bëssen, leider, d'Hänn gebonnen.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Ech mengen zwar net. Dat ass richteg fir d'Entreprises en difficulté. Ech mengen, datt Der hei keng esou eng Dispositioun hutt. Ech wär dann awer vläicht frou, Här Fayot, wann Der eis géift konkret weisen, wat fir en Artikel a wat fir engem EU-Reglement dat doten net méiglech mécht.

► **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*.- Gutt! Très bien! Dat ass gutt. Da reeche mer lech dat do no.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech mengen, ech ginn elo d'Wuert weider un den Här Finanzminister, den Här Pierre Gramegna. Här Gramegna, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härën Deputéiert, fir d'éischt wëll ech ënnersträichen, dass ech frou sinn, dass mer en Debat hei an der Chamber hunn. D'Regierung hätt ganz gutt kënnen en Urgencepak ficeléieren an iwwer Règlement grand-ducal maachen, mee dat wollte mer net.

Mir wollten, dass dat hei an der Chamber soll diskutéiert ginn. Ech kann lech soen, ech kenne Länner, do ass dat ganz anescht gaangen! An ech si frou, och wa mer eis net iwwer alles eens sinn, d'Majoritéit an d'Opposition, ech si frou, dass mir esou een Debat hei zu Lëtzebuerg kënnen féieren.

Ech sinn och frou, dass mer relativ séier déi normal legislativ Prozedur konnte mat lech maachen. D'Gesetz ass de 27. März deposéiert ginn. Mir hunn also dräi Woche gebraucht. Mir hunn all d'Antworten op Är Froe ginn. Ech si frou, dass mer haut hei dann dostinn.

D'europäescht Recht ass och invoquéiert ginn, ech muss doriwwer een, zwee Wuert soen, an dann och e puer Wuert iwwer Europa, vu dass den Deputéierte Claude Haagen och vill dorop agaangen ass. An ech mengen, et dierf een Europa an där heiter Diskussioun och net vergiessen.

Den Droit de le concurrence ass dat, wat en ass. En ass awer elo ganz vill opgemaach gi vun der Kommissärin Vestager op eng Aart a Weis, wéi dat ganz selten an der Geschicht de Fall war, wann et iwwerhaupt jee gemaach ginn ass, wat och beweist, dass d'Kommissioun genau weess, dass mer hei an enger Kris sinn, wéi nach ni eng do war.

Ech ginn elo net op d'Similituden an d'Différence vun der Kris vun 2008 par rapport zu där heiter an. Dat géif eis ze wäit féieren. Mee dat hei ass eng plötzlech Kris, déi ganz déif geet.

Wat huet Europa dann och proposéiert? D'Kommissioun proposéiert, dass de Pacte de stabilité et de croissance soll a Klammere gesat gi fir d'Joer 2020. Dat äntwert zum Deel, mengen ech, op d'Fro vun Deputéierten Haagen. A Klammeren heescht, dëst Joer wäert och kee kënnen den Objectif à moyen terme anhalen, kee Mënsch wäert kënnen anhalen, wat e versprach hat, kee Budget wäert kënnen agehale ginn, wéi e gestëmmt ginn ass. Dat ass eng Realitéit!

An ech si frou, dass d'Kommissioun dat agesinn huet. An dofir ass en a Klammeren. Wéi e muer erëm opersteet, vu dass mer no bei Ouschtere waren, weess keen. Mee et ass kloer, dass mer hei an enger exzeptioneller Situatioun sinn. Ech sinn och frou, dass Lëtzebuerg an der Diskussioun vun de Coronabonds, fir se elo emol esou ze nennen, dat eenzegt Triple-A-Land war, wat de Bréif un de President Charles Michel ënnerschriwwen huet fir ze soen: „Mir sinn derfir!“ An ech weess, dass och hei am Sall déi Meescht derfir sinn.

(Interruption)

Mir kucken effektiv Europa net duerch de Brëll vum Egoismus. An deen, deen Europa esou wëllt kucken, dee mécht Europa futti. Mee déi, déi Europa futti maachen, sinn oft déi, déi souwisou Europa wollt futti maachen. Lëtzebuerg ass net op där Schinn.

An dee Pak, dee mer d'lescht Woch am Eurogroup zréckbehalen hunn, dee 580 Milliarden Euro duerstellt, ass e ganz gudde Pak. An do si véier Mesuren dran. Dat sinn der dräi kuerzfristeg an eng, déi vum Fonds de relance, déi ass absolutt wäertvoll! An dat ass déi nei Pist, op där mer musse schaffen, fir Investissemeter ze kréien an Europa, fir dass mer net dee selwechte Feeler maache wéi 2008 an d'Joren duerno, wou Europa ze wéineg investéiert huet, an dofir an d'Hannertreffe komm ass.

Mat grousser Rapiditéit, ech kommen elo op Lëtzebuerg zréck, hu mer dann dee Plang, dee Pak, dee Stabiliséierungspak vun 8,8 Milliarden Euro an der Regierung ficeléiert. De Minister Fayot huet dat jo och beschriwwen. Dat ass dee gréisste Pak, dee mer jee beschloss hunn. An dat ass och ganz séier gemaach ginn. Mir waren ee vun den éischte Länner. Bal 15 % vun eise PIB. An ech géif lech all encouragéieren, eise Pak global ze kucken.

Ech kréien oft gesot vun deem engen a vun deem aneren: „A, do ass eng Measure an Däitschland, déi ass méi gönschteg wéi zu Lëtzebuerg.“ Jo, déi spezifesch Measure ass vläicht liicht méi gönschteg wéi zu Lëtzebuerg. Mee de Chômage partiell an Däitschland, deen ass vill méi ongönschteg wéi zu Lëtzebuerg! Ech géif awer och net wëlle mat deenen tauschen!

An dann hunn d'Fransousen eppes Neits fonnt, wat mir nach net hunn, da musse mir dat och hunn. Wannechgelift! Et geet net drëms, eng Course ze maachen, wivill Zorte vu Mesurë mer wëlle maachen, mee de globale Paquet ze kucken. An et geet haaptsächlech drëms en fait, den Entreprises esou vill wéi méiglech alleguerten ze hëllef. Dat ass d'Zil, ob se kleng sinn, ob se grouss sinn, ob se ganz kleng sinn, ob et Independanté sinn. Si sinn, eis Wirtschaft ass dat, wat eis zesummenhält, ass dat, wat mécht, dass mer Steieren erakréien, ass dat, wat mécht, dass mir hei stinn a sëtzen.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Soss kënn mer dat jo net. Ech mengen, do si mer eis dran eens.

Dëst Gesetz, wéi richtegerweis ënnerstrach ginn ass, huet zwee Elementer dran, en Element vu Garantien an en Element vun Emprunten. An et ass richteg, dass d'Elementer vu Garantie schonn an d'Zukunft kucken an dass et do och schonn ëm de Redemarrage vun der Wirtschaft geet.

An et ass richteg, dass den Emprunt, komescherweis bal, kéint ee soen, court Terme ass. En ass court Terme, well d'Depensen elo, genau elo geschéien. Normalerweise, wa mer vun Emprunte schwätzen, dann denke mer laangfristeg: „Mir brauchen Emprunte fir Investissemeter an den nächste Joren.“ Hei brauche mer Milliarden direkt, weinst dës Kris. Dat ass et nach ni gi säit dem Zweete Weltkrich.

Dann iwwert déi zwee grouss Elementer, d'Garantien, an da wäert ech och op e puer Froen äntworten. Fir d'éischt wëll ech dem André Bauler Merci soe fir en exzellente mëndleche Rapport an och d'Aart a Weis, wéi mer séier, awer effikass konnten och an den zwou Kommissiounen dës Projet kucken. Bei de Garantien hu mer eppes fäerdegbruecht, wat mir zu Lëtzebuerg oft fäerdegbréngen an an dës Kris grad wäertvoll ass: e Partenariat public-privé, e Partenariat mat de Banken.

Eis Banken hëllef. eis do ganz vill. Ech hunn hinne vun Ufank u gesot: „Dir musst och en Deel vum Risk huelen! Dir musst och en Deel vun de Responsabilitéiten huelen!“ An ech muss lech soen: „Et waren haart Negociatiounen.“ Mee si hu vun Ufank u gesot: „Mir wäerten dat maachen!“ An dofir wëll ech lech soen: „Si wäerten dat maachen, si si schonn déck amgaangen.“

De François Fayot huet lech déi Ziffer gesot, déi mer och an der Commission des finances an an der Commission économique gebraucht haten, ech hu gëscht Owend spéit déi allescht Ziffer kritt. Do si mer elo op iwwer 8.000 Moratoires. Mee wat ech nach méi interessant fannen: Op iwwer 95 % vun den Demanden hunn d'Banke Jo geäntwert, iwwer 95 %! Also do verstitt Der, dass d'Banke matmaachen an dass se duerch d'Fangere kucken, soss géife se net méi wéi 95 % Jo soen.

Den Total vun dës Moratoires ass liicht iwwer 2,5 Milliarden Euro. Et ass awer elo rengen Zoufall, dat ass och déi Garantie, vun där mer elo schwätzen. Dat heescht, d'Banken hunn an hir Bicher 2,5 Milliarde geholl.

An dann ass et natierlech esou, dass mer op den Emprunten, an dat ass also dann den Élement de relance vun der Économie, eng Opdeelung hu 15 % fir d'Banken, 85 % fir de Staat. Mir hätte kënn bis 90 % goen, well d'EU-Recht dat hiergëtt. Och do hunn ech insistéiert, huet d'Regierung insistéiert, dass se

sollen e bësse méi maachen. A se waren och domat d'accord.

Et gëtt verschidde Limitten, bis wivill ee ka léinen an esou weider. Mee eppes ass ganz wichtig, well dat och ugeschwat ginn ass: Hei kënnen nëmmen nei Emprunte finanzéiert ginn. Hei kann een net al Emprunten huelen a restrukturéieren, wéi Verschiddener gesot hunn. Hei kënnen nëmmen nei Emprunte gemaach ginn. Dofir ass et net eppes, fir d'Vergaangenheet ze bewältegen, mee et ass eppes, fir d'Zukunft virzebereeden.

Dann ass gesot ginn - an ech fannen dat net gutt, ech soen dat elo ganz diplomatesch -, dass et schlecht wär, dass de Staat géif hei eng Prime de garantie froen. Dozou zwou Saachen. Dat Éischt ass, mir sinn opgefuerdert vum Konkurrenzrecht vun Europa, fir esou eng Primm ze froen. Dat ass eng Exigenz.

Zweetens, wann Der den Taux vun de Primmen zu Lëtzebuerg vergläicht mam Ausland, hu mir ee vun deenen niddregsten, vläicht deen allerniddregsten. Ech hu mer d'Méi net gi fir ze kontrolléieren.

Fir e Prêt vun engem Joer fir eng PME ass déi Primm 0,25 %. An dann, wat d'Durée vum Prêt méi laang ass, wat dat dann e bëssen eropgeet. De Maximum fir eng grouss Entreprise, déi e Prêt vu sechs Joer mécht, déi misst eng Garantie vun 2 % bezuelen. Mir sinn do, wéi gesot, mat déi niddregst. Mee dat ass emol net mäin allerwichtigste Punkt.

Ass da wierklech een hei ...? Ech mengen, et ass zwar een hei, deen hofft, dass mer mat där heiter Saach géife Geld verdéngen. Also, ech géif direkt ënnerschreiwen, direkt!

(Hilarité)

Ech géif souguer direkt ënnerschreiwe fir null. Mee mir sinn eis dach all hei bewosst, wa mer op där enger Säit soen: „Kuckt, wéi schlecht et den Entreprisé geet! Gitt bei se! Lauschtet hinnen no!“, fir dann ze mengen, dass déi Garantie vu 85 %, déi mer hei ginn, dass déi eis näischt géif kaschten, dat ass net realistesch! Déi wäert eis vill Geld kaschten! Deen Dechet, deen hei ass, dee potenziell hei dran ass, deen ass grouss!

A mir sinn an enger anerer Kris wéi 2008. Ech ginn elo net an den Detail. Dofir wëll ech soen: „Hei mécht de Staat kee Geschäft!“ An als Finanzminister sinn ech, mengen ech, och bezuelt fir opzepassen, dass mer gutt Geschäfte maachen, wa mer Geschäfte maachen. Dat hei ass kee gutt Geschäft à court terme fir eise Budget, mee et ass e gutt Geschäft fir eis Wirtschaft! An dorëms geet et!

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Ech kommen dann elo op den Emprunt ze schwätzen. Ech hat d'Fro gestallt kritt, ob mer nach Liquiditéiten hätten. De leschte Stand ass, an de Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg wäert frou sinn, mir sinn an där selwechter Ligue, well de Staat huet de Moment 1,2 Milliarde Liquiditéiten. Mee, mee, ech muss awer direkt hannendru soen, an ech hunn dat och an der Finanzkommissioun gesot: „Déi Mesuren“, an de François Fayot huet et jo och gesot, „déi Mesurë kaschte 400, 500 Milliounen de Mount!“

(Interruption)

De Mount! Mol zwee, eng Milliard!

Kee Staat, keen, och net Lëtzebuerg, kann Depensé vun enger Milliard an zwee Méint einfach esou stemmen. Dofir brauche mer deen Emprunt. Deen Emprunt hei ass also vun enger extraer Zort u sech. Et ass en Emprunt, deen eis hëllef soll, Court-terme-Depensen ze finanzéieren. A mir sinn eis wuel bewosst, dass déi Kris hei eis wäert deier kaschten. Et ass richteg, dass d'Prognosen, wéi déif dës Kris gëtt, ëmmer méi schlecht ginn.

Ech hat effektiv am „Background“ vu minus 3 % geschwat. Ech mengen, ech sinn zitéiert ginn. An ech ginn haut dovunner aus, an de Fonds monétaire international, deen huet eng nei Statistik gemaach vu minus 5 %, ech géif awer och do soen: „Ech géif direkt ënnerschreiwe fir minus 5 %, wann ech gesinn, wéi et haut alles virugeet!“ Et huet also keen do d'Glaskugel. Mir mussen eis just drop gefaasst maachen, dass et ganz batter gëtt. An dofir brauche mer jo och deen Emprunt.

An dofir, ech mengen, déi Meescht hei am Sall deele jo déi Analys, dass mer deen Emprunt solle maachen an dass dat och gutt ass, dass mer dat hei an der Chamber froen. Mir froe jo deen Emprunt hei an der Chamber, esou wéi dat soll sinn! Et ass jo och eng Marge de manoeuvre vun 3 Milliarden, déi ganz héich ass. An ech si frou, dass mer dat haut kënn stëmmen, dass mer Flexibilität hunn, fir op d'Mäert ze goen an den nächsten Deeg a Wochen, fir dass mer kënnen en ideale Moment eraussichen, fir deen Emprunt ze maachen.

Ech wëll awer och d'Positioun vun eiser Schold hei erklären. Op haut hu mir eng Schold vu 14,2 Milliarden Euro. Dat entsprécht engem Defizit, enger Schold vun 22,4 % vun eise Rächtum, vun eise PIB. Mir hunn en Emprunt vun 2 Milliarde virfinanziert, deen Emprunt kënnt den 18. Mee an d'Redemptioun an deen hu mer virfinanziert. Dofir ass eisen Taux 22,4. Wa mir elo déi 2 Milliarden den 18. Mee zréckrembourséieren, dann ass eis Schold 2 Milliarde manner, an dat sinn dann 19,3 % vum PIB.

Wéi d'Regierung 2013 ugefaangen huet, war eis Schold 23,7 % vum PIB. Mir sinn erof op 19,3 %, dat ass e gutt Resultat. Dat ass net phenomenal, mee et ass e gutt Resultat. An ech si frou, dass mer déi Efforte gemaach hunn.

Wa mer elo d'Marge kréien, fir 3 Milliarden ze léinen, a wa mer da géifen hypotheetesch an den nächsten Deeg a Wochen zwou Milliarde léine goen, da géife mer jo erëm op deenen 22,4 % landen, vun deenen ech elo grad geschwat hunn. 22,4 % vum PIB, wa mer 2 Milliarde méi géife léinen.

Wa mer géifen déi 3 Milliarde léinen, da komme mer op 24 % vum PIB. Dat heescht ...

(Interruption)

Jo, vum PIB, wéi en haut ass, wéi en haut ass!

(Interruptions)

Evidemment! Ech kann lech de PIB a sechs Méint, an engem Joer net roden! Mee et ass awer eng realistesch Ziffer.

Zum Schluss wëllt ech also soen, wat den Emprunt ubelaangt: „Mir hunn déi Marge de manoeuvre, nach eng Kéier, well och déi Zifferen hin- an hiergaange sinn. Mir wäeren dann deen Dag, wou mer déi 3 Milliarde géleint hunn, op ongeféier 24 % vum PIB, dem PIB vun haut.“ An d'Regierung huet sech jo engagéiert, alles ze maachen, fir ënner 30 % ze bleiwen.

Dir gesitt, mir hunn also do eng gewësse Marge, an dat soll eis all berouegen. An Dir wësst, dass déi 30 % d'Hallschent ass vun deem, wat d'Europäesch Unioun erlaabt. Sou, soudass mer, loosse mer soen, an dat hunn ech vum éischten Dag u gesot, mee et muss een och d'Leit an d'Entreprises e bësse berouegen ... Et mécht kee Sënn, a Panik ze verfallen, och wa mer hei vu groussen Zifferen schwätzen.

E Wuert, virun der Konkusioun, iwwert d'Opportunitéiten, ...

(Interruption)

... déi aus der Kris erauskommen.

Richtegerweis ass vu Verschiddene vun lech insistéiert ginn, dass an esou enger Kris och ëmmer Opportunitéite sinn. Ech deelen déi Appreciatioun an ech mengen, mir sollen och alleguerten eis d'Fro stellen, ob mer vun engem „Redemarrage“ vun der Économie wëlle schwätzen, oder ob mer wëlle vun engem „neien Depart“ schwätzen.

„Redemarrage“ oder op Englesch, dat Wuert huet mer am Ufank gefall, elo manner, „Reboot“, dat kënnt vun der Informatik, da geet de Computer net, da mécht een e Reboot, da geet en erëm. Mee da geet dee Computer net besser wéi virun, e geet genau d'selwecht! Dofir gefält mer dat Wuert „Reboot“ och net. Mee „Redemarrage“ ass och net gutt. Dofir en „neien Depart“.

A mir wëllen natierlech och an der Qualitéit do Saachen änneren. An do sinn zwou essenziell Saachen dran: d'Digitalisatioun vun der Économie an d'Aspekter vum Klima a vun der Ëmwelt.

An d'Europäesch Unioun huet dat jo gutt erkannt. Déi zwou Prioritéite vun der Madamm von der Leyen si genau déi: Wéi kënn mer Europa digital besser opstellen?, an den New Green Deal. An ech kann lech soen, d'Lëtzeburger Regierung wäert déi do zwee Akzenter ganz grouss schreiwen, wa mer vun engem neien Depart schwätzen.

Zum Ofschloss wëll ech soen: „Mir sinn eis all bewosst an der Regierung, alleguerten, wéi déif déi Kris do ass. Mir sinn eis all ganz solidaresch.“ Ech si frou iwwert déi grouss Zoustëmmung, déi mer hei am Haus hunn. Ech begrëissen dat. Mir denken net ee Moment drun, dass mir eleng, mir, d'Regierung vun dësem Land, d'Rezept hunn, fir aus dës Kris erauszekommen. Dofir monitore mer dat, wat mer maachen, déi ganzen Zäit. A mir monitoren d'Situatioun. D'Déift vun der Kris ka keen aschätzen. Wéi laang se wäert daueren, ka keen aschätzen. Ech mengen, mir sollen do alleguerten Humilitéit beweisen. An ech kann lech déi versprechen, déi Humilitéit!



Mee ech kann lech och versprieche: Mir wäerten alles maachen, fir dass mer gutt aus dëser Kris erauskommen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Den Här Laurent Mosar huet nach eng Wuertmeldung, Parole après ministre.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, fir d'éischt, dat huet nach eppes mat dem Minister vu vir-drün ze dinn, muss ech soen: „Ech fannen et net korrekt vis-à-vis vun der Chamber, wann hei prezis Froe gestallt ginn, wou op Argumenter zrëckgegraff gëtt, fir en Amendement ze refuséieren, wou dann den Deputéierte freet, ob e kéint deen Artikel vun deem Gesetz oder vun deem europäesche Reglement, wann et dann en europäescht Reglement ass, gesinn, op dat de Minister sech baséiert, an da leeft de Minister einfach fort, ouni der Chamber eng Äntwert ze ginn.“

Ech fannen dat wierklech net korrekt. Ech géif och den Här Chamberspräsident bieden, den Här Fayot ze bieden, zumindest mir dann eng schrëfflech Äntwert op déi do Fro ze ginn.

Dat Zweet, ech hat och dem Finanzminister eng Fro gestallt, op déi ech keng Äntwert kritt hunn, nämlech déi iwwert d'Konventioun mat de Banken, éischstens, wéi et domadder wier, an ob do och envisagéiert wär, iwwert déi sechs oder siwe Banken, déi bis elo schonn do zrëck-behale gi sinn, dass och anerer derbäikommen.

Merci.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances.*- Ma, Här Mosar, ech si frou, dass Der mer déi Fro stellt, well ech wollt net ze laang sinn.

(**Hilarité**)

An Dir gitt mer elo wierklech dann d'Geleeënheet, nach drop ze äntweren. Dat ass jo super.

Majo, also d'Konventioun mat de Banken ass gëschter Owend spët ofgeschloss ginn a mir schécke se nach haut dem President vun der Cofibu, dem Här Bauler, fir dass en lech se ka ginn, soudass Der se haut am Dag oder spëits-tens de Méindeg wäert hunn.

Dat ass eng generique Konventioun, déi ass jo déi selwecht fir alleguerten d'Banken. Dir wäert gesinn, dass do e puer Saachen neutral sinn, well dat vun der Gréisst vun der Bank a vun hirer Part de marché ofhänkt, wéi vill se da vun deene Garantië wäert decken.

An déi aner gutt Noriicht ass, an dat ass, mengen ech, och Är Fro gewiescht, ob et „nëmmen“ déi sechs Banke sinn, ob et op déi limitéiert ass.

D'Äntwert ass: Et ass net op déi limitéiert. Ech rappeléieren, wien déi sechs Banke sinn: Dat ass d'Spuerkeess, d'BGL BNP Paribas, d'BIL, d'Raiffeisen, d'Banque de Luxembourg an d'ING, a säit gëschter zwou chineesesch Banken, déi sech och gemellt hunn, d'Bank of China an d'ICBC.

► **Une voix.**- Merci.

(**Brouhaha général**)

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances.*- An dofir soe mer deene Banken natierlech och Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP).- Merci, Här Mosar!

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Merci villmools dem Här Finanzminister, dem Här Pierre Gramegna. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Ier mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7545 kommen, stëmme mer fir d'éischt iwwert den Amendement Nummer 1 vun der CSV-Fraktioun of, deen als Objet huet, deen zweeten Alinea vum Paragraf 3 vum Artikel 3 ofzeänneren.

Vote sur l'amendement 1

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmme par voie électronique.

De Quorum ass erreecht. Ech bieden elo déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn, d'Hand an d'Luucht ze hiewen. Ech ruffen dann een no deem aneren op.

Appel nominal (votes par procuration)

► **Mme Cécile Hemmen** (LSAP).- Här President! Dat huet net direkt enregistréiert. Kéint ech wannechglift d'Méiglechkeet kréien, fir nach eng Kéier nozedrëcken?

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Madamm Cécile Hemmen, okay, Dir kommt dann derbäi. An Dir wielt mat?

► **Mme Cécile Hemmen** (LSAP).- Non!

► **Plusieurs voix.**- O!

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Do schéngen der nach e puer net gewielt ze hunn.

(**Brouhaha et concertation interne**)

Den Här Di Bartolomeo.

(**Interruptions et brouhaha**)

► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP).- Ech stëmme och mat Nee!

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Den Amendement 1 ass mat 29 Jo-Stëmme an 31 Nee-Stëmme ofgeleent.

(**Interruptions**)

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Roy Reding), Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Claude Haagen) ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Da komme mer zur Ofstëmmung vum Amendement Nummer 2 vun der Sensibilitéit vun de Piraten, deen als Objet huet den Artikel 3 Paragraf 3 ofzeänneren.

Vote sur l'amendement 2

De Vote électronique fir déi perséinlech Stëmme fänkt un.

(**Interruption**)

Den Här Reding wollt nach eppes soen.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Jo, Här President, merci. Ech fannen, et sollt ee jo awer Positioun huelen zu den Amendementer, déi presentéiert ginn. Ech mengen, mir hunn den CSV-Amendement ...

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Jo, Här Reding, et deet mer leed. Ech wollt lech drop hiweisen, datt, fir d'Amendementer ofzestëmme, keng Riedezäit an eisem Reglement virgesinn ass. An duerfir fuere mer och elo mam Vott virun.

De Quorum ass erreecht. Wien e Vote par procuration wëllt maachen, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Appel nominal (votes par procuration)

D'Resultat vum Vott ass: 34 Nee-Stëmme, 21 Jo-Stëmme an 2 Abstentiounen. Domadder ass och den Amendement 2 ofgeleent.

Résultat définitif après redressement : l'amendement n°2 de M. Sven Clement est rejeté par 35 voix contre, 23 voix pour et 2 abstentions.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Claude Haagen) ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Roy Reding), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

Et ass gefrot ginn, den Artikel 48 vum Chambersreglement geltend ze maachen an ee Vote séparé iwwert den Artikel 6 (2) an den Artikel 6 (3) ze maachen. Mir mussen dann eenzel iwwert dës Artikelen ofstëmme.

Vote séparé sur l'article 6 (2) du projet de loi 7545

Da stellen ech d'Fro, wien d'accord ass mam Artikel 6 (2) vum Projet de loi, dee soll mat Jo stëmme. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmme. De Vote fänkt un.

De Quorum ass erreecht. Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Appel nominal (votes par procuration)

Dëse Projet de loi ass domadder mat 59 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a bei kenger ...

(**Interruptions**)

Den Artikel, pardon, den Artikel 6 (2) ass da mam Vote séparé mat 59 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a bei kenger Abstentioun ugeho.

(**Hilarité**)

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Claude Haagen) ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Roy Reding), Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Mir stëmme dann of iwwert den Artikel 6 (3).

Vote séparé sur l'article 6 (3) du projet de loi

Fir d'éischt déi perséinlech Stëmme.

De Quorum ass erreecht. Déi, déi e Vote par procuration wëllen ofginn, déi sollen d'Hand an d'Luucht hiewen.

Appel nominal (votes par procuration)

D'Resultat vum Vott ass: Den Artikel 6 (3) ass da mat 56 Jo-Stëmme ugeho.

► **Une voix.**- D'Madamm Arendt.

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV).- Mäin Apparat war net gaangen.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ech mengen, ech hunn dee selwechte Problem.

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV).- Kéint Dir kucken, ob mäi Vott enregistriert ass?

(**Concertation interne**)

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Dësen Artikel ass dann och mat 57 Jo-Stëmme an 3 Abstentiounen ugeho.

Résultat définitif après redressement : l'article 6 (3) est adopté par 58 voix pour et 2 abstentions.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Claude Haagen) ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Roy Reding), Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de gesamte Projet de loi 7545. Den Text steet am Document parlementaire 7545³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7545 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmme.

(**Brouhaha général**)

Den Eischen Félix feelt nach. Voilà, da komme mer besser herno eraus. De Quorum ass erreecht. Déi Leit, déi wëllen e Vote par procuration ausdrëcken, déi sollen d'Hand an d'Luucht strecken.

Appel nominal (votes par procuration)

De Projet de loi 7545 ass da mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Abstentiounen ugeho.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Claude Haagen) ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Roy Reding), Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

(**Motion déposée au cours de la séance publique n° 30 du 17 avril 2020 - à consulter en page 464 de ce compte rendu**)

Da kéime mer elo zu der Motioun, déi vun der Madamm Lydie Polfer an dem Här Laurent Mosar deposéiert ginn ass. Wëllt nach een eppes soen?

(**Négation**)

Et ass kee méi, deen d'Wuert freet. Da kéinte mer iwwert déi Motioun ofstëmme.

Kënne mer dat à main levée maachen?

(**Assentiment**)

Vote sur la motion 1

Deen, dee mat där Motioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen. Wien ass dergéint? Wien enthält sech?

Domadder ass d'Motioun 1 eestëmmeg ugeholl.

Mir kommen dann elo zur Motioun, déi um Ordre du jour stoung vum Jeff Engelen iwwert d'Wunnen an der Groussregioun. Den Här Kartheiser freet d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, Här President. Ech wollt lech just kuerz ëm d'Wuert



biede fir ze soen, datt mer eng Suerg hunn, wat eisen Deontologiekodex ugeet. De Moien huet een Deputéierte vun der grénger Fraktioun e Geschäft genannt. An et schéngt esou ze sinn, datt dee betreffenden Deputéierte kéint selwer finanziell Interessen an deem Grupp hunn. Mir wäerten lech also, lech, Här President, an de Bureau, mat där Fro saiséieren.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kartheiser.

4. Motion de M. Jeff Engelen au sujet de l'étude sur les raisons pour lesquelles les Luxembourgeois se sont établis dans les pays limitrophes

Da kënne mer elo endlech zur Motioun vum Här Jeff Engelen iwwert d'Ausschaffe vun enger Etüd iwwert d'Grënn, firwat d'Lëtzebuurger sech am noen Ausland niddergelooss hunn, kommen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert als Auteur vun der Motioun.

Exposé

► **M. Jeff Engelen** (*ADR*), *auteur*.- Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen, Dir Hären, dës Motioun hate mer deponéiert an der Chamber de 25. Juni 2019 a se war deemools an d'Kommissioun verwise ginn, ouni datt awer doraus eppes geschitt ass bis haut, zéng Méint duerno!

Ëm wat geet et? Et muss ee feststellen, datt vill Lëtzebuurger iwwert d'Landesgrenz erausginn, fir sech hei niddierzeloossen, speziell an der Grenzregioun. Dëse Phenomeen besteet elo scho ronn 20 Joer an all Joer mat enger steigender Tendenz.

Et muss ee sech d'Fro stellen: Wat dreift d'Lëtzebuurger dozou, an d'Ausland wunnen ze goen? Komescherweis drécken déi eng an eist Land eran an eng ganz Rëtsch Lëtzebuurger drécken an d'Grenzregioun eraus. A mat dësem leschte Phenomeen misste mer eis onser Meenung no méi genau auserneesetzen.

Sinn et just d'Suen an de Präis vum Logement, déi hei eng Roll spillen, oder sinn do nach aner Phenomeener, aner Fakten? Mat dëser Motioun froe mer, fir eng Etüd ze maachen, déi eis genee Zuelen a genee d'Ursaache liwwert vun deem Phenomeen, datt ëmmer méi Lëtzebuurger eist Land verloossen. Net méi an net manner war eis Intention, fir dës Motioun ze deponéieren.

Laut Statistik wunne ronn 62.000 Lëtzebuurger an Däitschland, Frankräich an an der Belsch. Dës Lëtzebuurger wunne forcement net all un der Grenz, mee an deenen dräi Länner am Ganzen, an dëst mat enger steigender Tendenz.

Duerfir misst ee sech onser Meenung no emol méi genee mat dësem Phenomeen beschäftegen, speziell deem aus der Grenzregioun. Dës Daten, déi ech hei genannt hunn, si vun eiser staatlecher Datebank CTIE. Eurostat huet liicht aner Zuelen. Sécherlech ginn et ënnerschidd-lech Grënn, firwat eenzel Leit an d'Ausland wunne ginn. Dat soll awer net verschleiieren, datt déi finanziell Ursaache déi sinn, déi mat Ofstand un der Spëtzt stinn. An ech hunn och mat Leit geschwat, déi dee Schratt gemaach hunn an déi hu mer dat ëmmer confirméiert.

Wann ee wëllt an der Politik eppes gestalten oder veränneren, brauch een nun eemol verlässlech Donnéeën oder Fakten, an déi hu mer leider net!

Am Ausland ginn et esou Etüden, déi sech mam Phenomeen vun der Grenzregioun befaassen. Zum Beispill an Däitschland gëtt et d'„Border Studies“. An déi Saachen, déi si maachen, si ganz interessant. Déi Etüde sinn awer schonn e bësse méi al, mee do ass dat méiglech, esou Etüden ze maachen. Domadder misst et och bei eis machbar sinn.

A mir soe just: „Wou e Wellen ass, do ass och e Wee. Kommt, mir paken dës wichteg Diskusioun zesummen un, fir déi néideg Léieren ze zéien a fir an Zukunft déi richteg Decisiounen ze treffen, datt kee méi gezwongen ass, eist Land aus finanzielle Grënn ze verloossen!“

Ech schätzen, datt et ronn 50.000 Leit sinn, déi an der Grenzregioun wunnen, an dat ass jo net grad näischt. An ech mengen, mir sinn deem Phenomeen et schëlleg, datt mer eis där Saach unhuelen, an et ass eis net egal.

An ech soen lech Merci fir Äert Nolauschteren.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Engelen. An d'Wuert huet gefrot de Logementsminister, den Här Henri Kox. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Henri Kox**, *Ministre du Logement*.- Merci, Här President. Merci och da fir déi Motioun. Dat erlaabt mer dann och, kuerz

Stellung do ze huelen am Numm vun der Regierung, awer och speziell fir de Logement selwer.

Ech wëll net ze vill elo op Zuelen oder Inhalter do agoen, awer éischter iwwert d'Form eppes soen. Et ass kloer, dass ech als Lëtzebuurger Wunnungsbauminister d'Prioritéit natierlech éischter hei zu Lëtzebuerg gesinn an et ass jo och dofir, wou ech schonn des Èftere gesot hunn, dass d'Regierung den éffentlechen abandable Wunnungsraum och als Prioritéit genannt huet, fir kënnen och an abandable Wunnungen ze investéieren.

Dofir ass den Observatoire de l'habitat an deene leschte Jore mat enger ganzer Rei vun Etüde beoptraagt ginn, fir dee Marché heihem natierlech och vill besser ze analyséieren.

An da kommen ech mam zweete Punkt op Är Demande hin. An do erlaben ech mer, de fréiere President vun eiser Chamber hei ze ernimmen, nämlech mir souzen zesumme viru Joren, och zesummen am CPI, wou mer grad ons déi dote Fro gestallt hunn. Do sinn hei nach aner Memberen dobäi, ech weess, mir waren an enger ganz flotter Reunoun eng Kéier bei Mainz, mengen ech, wou Rheinland-Pfalz d'Presidence hat, wou mer grad iwwert deene dote Phenomeen diskutéiert hunn.

An de LISER hat en Optrag oder huet en Optrag kritt, fir fir d'Chamber zesumme mam Logementsministère esou eng Aart Etüd ze maachen, en Observatoire transfrontalier du logement. Grad dat, wat Dir elo frot, hu mer an d'Wee geluecht. An net méi spéit wéi virun zwou Wochen ass d'Preetüd fäerdeg ginn. An ech hu se zougestallt kritt an ech hu se och scho gelies. An ech mengen, d'Chamber misst se och kritt hunn, well si ass jo am Optrag vun der Chamber a vum Logementsministère ausgestallt ginn.

An ech hätt eeben op Basis vun där Etüd dann d'Propos ze maachen, dass mer zesumme kucken an der Logementskommissioun, fir, éischens, d'Etüd virgestallt ze kréien. Ech mengen, et ass de Patrick Bousch, deen do mat am Boot ass, dee kenne mer allegueren aus dem Observatoire, dass deen eis déi Etüd elo emol presentéiert.

Ech wëll just ee Punkt ervirgräifen schonn. Also ech wär frou als Logementsminister, wa mer dem Observatoire effektiv en Optrag ginn, fir och d'Grenzregioun ze kucken, awer och fir d'Politicken emol eng Kéier ze analyséieren: Wéi eng Politicke ginn an Däitschland ugeant? Wéi eng Politicken a Frankräich? Wéi eng Politicken an der Belsch? Fir dass mer dat wierklech op Basis vun Donnéeën och kënne richteg vergläichen.

Dat heescht, ech sinn Demandeur als Logementsminister, fir kënnen an der Kommissioun zesummen déi Etüd do ze kucken, well et jo e Kooptrag vun der Chamber an dem Ministère ass. A vläicht iwwerhëlt de jëtzege Chambers-president och do de Lead, fir dat kënne weiderzedriewen.

Da géif ech mengen, dass mer doraus eng Diskussioun féieren: Wat ass sënnavoll ze kucken? Wat ass dat, wou mer nach missten an d'Déift goen? An dofir géif ech mengen, dass déi Motioun dann e bësse superfetatoire ass, well mer domat amgang sinn, wichteg ass awer, well si ass vum leschte Joer gewiescht, dass mer an deem Punkt weider wäerten drop schaffen.

Ech mengen, et leeft an Ärem Sënn, well mer do schonn amgang sinn, fir eeben elo wierklech mat lech zesummen, mat der Chamber, well si huet den éischten Optrag mat op de Wee ginn, an d'Detailer kucken ze goen. An dat wollt ech hei presentéieren.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools dem Logementsminister. D'Wuert huet elo där David Wagner.

Discussion générale

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Ech sätzen hei nach vill méi wäit ewech wéi soss. Et ass wierklech schwéier, mech ze gesinn, dat verstinn ech och.

Här President, d'Problematik, déi den honorabelen Här Engelen uschwätzt a senger Motioun, ass natierlech eng wichteg Problematik. An ech mengen, mir sinn eis därer schonn all bewusst. Mir hunn e Logementsproblem! Mir hunn e Problem vun der Deierecht vun den Immobilien zu Lëtzebuerg. Dat ass näischt Neies. An dat betrëfft net nëmmen d'Lëtzebuurger, déi hei liewen, mee jiddereen, deen hei leeft.

Dat ass scho souwisou e bëssen ee Problem, dee mer hu mat dëser Motioun, déi sech awer e bëssen op d'Lëtzebuurger konzentréiert oder op jidde Fall op déi, déi d'Nationalitéit hunn, an u sech e groussen Deel vun der Bevëlkerung, dee vläicht nach oft méi betraff ass, well en nach méi finanziell Problemer huet, aus-

schléisst. Dat ass schonn den éischte Problem, dee mer mat dëser Motioun hunn, datt se u sech ganz restriktiv ass.

Mir fannen dat och touchant, datt d'ADR sech heiansdo och mat der Wunningspolitik beschäftegt. Et gi schonn Äntwerten oder op jidde Fall Pisten, déi de Wunningsproblem u sech hei zu Lëtzebuerg kéinten erklären, ënner anerem déi massiv Spekulation vun Immobilien a vun Terrainen, déi hei zu Lëtzebuerg bedriwwen ginn. Ech hunn net den Androck, datt d'ADR dee Problem wëllt bekämpfen, ganz au contraire souguer. Ganz au contraire souguer!

Dofir fannen ech et immens hypokritesch, wann d'ADR iwwerhaupt vum Wunningsproblem schwätzt, well si sinn en Deel vum Problem! Dat ass dat Éischt.

(Brouhaha)

Dat Zweet, wa mer scho vun der Spekulation solle schwätzen, mir haten als Lénk eng Motioun virun iwwer dräi Méint - ech soen dat ganz precisement, virun iwwer dräi Méint! - an der Chamber deposéiert. An där stoung, a si ass och an d'Finanzkommissioun delegéiert ginn, datt mer sollen e Bericht maachen zu Lëtzebuerg fir ze kucken, wat den Impakt ass vun de verschiddene Gesellschaften wéi de FISen, awer net nëmmen, mee all deene verschiddene Gesellschaften, déi mat Immobilien Transaktiounen maachen, wat fir een Impakt déi op d'Deierecht hätten.

Déi Motioun ass verwise ginn. Ech ka mech nach erënneren, den Här Cruchten hat sech derfir engagéiert - do soe mer och Merci -, datt se an d'Kommissioun erageet. D'Finanzkommissioun, d'Logementskommissioun, Jointe, dat war ni esou kloer, ass och net esou wichtig.

Ech krut e puermol vum President vun der Finanzkommissioun och gesot: „Jo, mir diskutéieren dat, mee et ass komplizéiert.“ Et ass ëmmer komplizéiert. Ech weess, dass am Règlement vun der Chamber drasteet: Wann een eng Motioun deposéiert, muss se dräi Méint drop erëm an d'Pleniëre kommen. Deen Delai ass längst iwwerschratt! Deen Delai ass längst iwwerschratt, ...

(Interruption par la présidence)

... bei aller Sympathie fir de President vun der Finanzkommissioun, déi ech hunn! Mir hunn u sech de Règlement vun der Chamber net respektéiert! Ech fannen dat grav! A mir hunn net vergiess, datt déi Motioun deposéiert gouf. A mir hunn net vergiess, datt déi Motioun iergendeng Kéier op d'Dagesuerdnung vun der Finanzkommissioun muss kommen an datt iergendeng Kéier och hei zu Lëtzebuerg e Bericht gemaach gëtt iwwert d'Spekulation hei zu Lëtzebuerg an hiren Impakt op d'Deierecht vun den Immobilien. Dat wier net schlecht.

Och an der Kris kënne mer nach doriwwer diskutéieren. Mir hunn Zäit!

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner. Ech ginn d'Wuert direkt weider un déi honorabel Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Villmools merci, Här President. Ech wëllt am Fong am Numm vun der grénger Fraktioun begreifen, datt de Logementsminister Henri Kox déi Propos gemaach huet, déi Etüd an d'Kommissioun ze bréngen, fir dass emol genee gekuckt gëtt, wat do drasteet. Déi Konklusione leie jo elo vir. Souwäit ech weess, misst se schonn an der Chamber ukomm sinn, wann d'Regierung se kritt huet, misst Dir se jo och kritt hunn. An an deem Sënn proposéiere mer dann eiser Presidentin vun der Logementskommissioun, de LISER ze invitéieren, fir se virstellen.

Mee wat elo d'Motioun betrëfft, mengen ech, ass et net méi néideg, dat, wat do gefrot gëtt, esou unzuhuelen, well mer jo schonn zwee Joer ganz kloer op där doter Schinn ënnerwee sinn. An ech selwer war och dobäi, wéi de CPI getaagt huet mat ganz ville Buergermeeschteren aus der Grenzregioun. An ech kann nëmmen soen, esou Initiative sinn immens wäertvoll, wann een d'Groussregioun méi thematiséiert, well et ass e gemeinsame Problem, dee mer musse léisen, awer haaptsächlech geet et hei ëm de Lëtzebuurger Problem, dee mer kennen: net genuch éffentleche Wunnraum, net genuch abandable Wunnraum. An do begreifen ech awer och, dass de Logementsminister do mat Meilestivwelen ënnerwee ass, fir dee Problem an de Grëff ze kréien. An do si schonn Etüden ënnerwee, fir och dee Problem nach eng Kéier méi genee ze analyséieren. Mee, wéi gesot, déi do Motioun ass an eisen Ae superfetatoire.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Lorsché, an da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo.

► **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- Merci, Här President. Merci och dem Wunnungsbauminister, dass en drun erënnert huet, dass d'Chamber sech heiansdo net dermat begnügt, fir Froen ze stellen, mee och probéiert, zesumme mat anere Partner Äntwerten op d'Froen ze fannen. Et ass richtig, dass ënner Lëtzebuurger Presidence vun dem interregionale Parlamentarierrot eng Logementskonferenz hei zu Lëtzebuerg stattfonnt huet, zesumme mam LISER, an dass mer dunn op de Wee gaange sinn, zesumme mam interregionale Parlamentarierrot a mam Logementsministère de LISER ze beoptragen, fir déi dote Problematik am Fong ze belichten.

Domat deelen ech d'Meenung, dass déi heite Motioun, déi Froen opwerft, eigentlech nëmmen oppen Dieren arennt, doduerch dass schonn eng Rei vun Äntwerten ënnerwee sinn, an dass mer op de Wee sollte goen, fir an der Kommissioun där doter Saach op de Fong ze goen. Merci och fir d'Bereetschaft vum Minister, fir dat zäitno an der Logementskommissioun ze maachen. Mir sinn also och der Meenung, dass déi Motioun sans objet ass.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Di Bartolomeo. An da kritt den honorabelen Här Sven Clement d'Wuert.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Jo, merci, Här President. Merci och de Virriedner. Dat heiten ass en Thema, mat deem ech mech och schonn an e puer Question-parlementaire befaasst hunn, ënner anerem enger zum Observatoire transfrontalier, wou den Document nach ëmmer en préparation bei der Chamber ass. D'Äntwert ass ukomm, zwar hors délai, mee se ass, mengen ech, bei eis iergendwou hänke bliwwen, well ech gesinn d'Äntwert nach ëmmer net am Portail, dat war d'1887.

Op d'Question parlementaire 1900, wou ech d'Familljeminstesch a virun allem d'Ministesch fir d'Groussregioun gefrot hat, wéi se sech géif erklären, datt zwëschen 1990 an 2018 a Rheinland-Pfalz d'Umeldunge vu Lëtzebuergesche Staatsbierger vun 805 op 8.250 an d'Luucht gaange sinn, also eng Croissance vun 1.000 % - ech mengen, mir hu virdru vill iwwer Prozenter geschwat, hei schwätze mer iwwer 1.000 % Croissance a knapps 30 Joer -, dorobber huet se gesot, datt eeben deen Observatoire do soll Äntwerte liwweren. Ech freeë mech dofir, déi Etüd ze lesen.

Ech hu mech awer och gefreet - an dat wollt ech dem Här Engelen haut wierklech matbréngen -: D'Chambersbibliothék ass gutt ekipéiert. Et gouf ewell eng Kéier eng Etüd zu deem Secteur gemaach 2009/2010 vum deemolege CEPS mam Forum Europa an der IGSS, dat heescht dem haitege LISER. Déi hunn e Buch erausbruecht. Ech kann lech just recommandéieren, et ze lesen, et ass wierklech eng interessant Lektür. Ech ginn och dem Här Engelen herno d'Kopie mat, wann e verspricht, et an der Bibliothék vun der Chamber erëm ofzeginn, soss kréien ech de Kapp gewäsch.

An da wollt ech nach drop hiweisen, wat nämlech nach net erwänt ginn ass, dat ass, datt d'Universitéit der Großregion, wou d'Uni Lëtzebuerg als Grënnungsmember mat dran ass, datt déi hire Center for Border Studies huet, déi och an deem Beräich fuerschen an déi och schonn eng ganz Rëtsch Aarbechte publizéiert hunn, déi, mengen ech, genau déi oppen Dieren arennen, vun deenen de Minister geschwat huet. Mee mir mussen och iergendwann eng Kéier drop agéieren. Etüden, Etüden an Etüde si schéin a gutt, mee d'Reaktioun dorobber därerf net op sech waarde loosse.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. An da ginn ech d'Wuert un déi honorabel Madamm Martine Hansen.

► **Mme Martine Hansen** (*CSV*).- Merci, Här President. Also de Problem, op deen d'ADR hiweist, ass definitiv do. Mir hunn e Logementsproblem. Mir hu vill Leit, déi mussen oder déi plënnereen an d'Ausland. Et ass awer och esou, ech mengen, ech hunn en änleche Problem wéi déi Lénk domadder, datt sech hei virun allem just op d'Lëtzebuurger axéiert gëtt. Eis Bevëlkerung besteet net nëmmen aus Lëtzebuurger. Mir hunn eng gemischte Bevëlkerung, an déi sinn eis alleguer wichteg. Ob mer elo eng zousätzlech Etüd brauchen, mengen ech, kënne mer elo hei net soen, vu datt mer d'Resultater vun där anerer Etüd nach net kennen.

Dofir géif ech proposéieren, datt mer fir d'éischt an der Kommissioun géifen déi LISERs-Etüd am Detail kucken, a wann dann nach eng zousätzlech noutwendeg wär, da kéint ee jo nach eng Kéier eng Motioun erabréngen.

Merci.